

23^e séance

Mercredi 3 février 1999

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Willy Bourg, Vice-Président

Ordre du jour

1. Projet de loi 4459 concernant la mise en oeuvre du plan national en faveur de l'emploi 1998 (*Discussion générale - Suite*)
2. Dépôt de quatre projets de loi
3. Projet de loi 4459 (*Discussion générale - Suite - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions*)
4. Interpellation de M. François Bausch au sujet des instruments tarifaires dans le domaine du transport (*Suite - Vote - Motion*)
5. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; MM. Fernand Boden, Robert Goebbels, Mmes Marie-Josée Jacobs et Erna Hennicot-Schoepges, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.35 heures)

(M. Willy Bourg prend la Présidence)

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Setzung op.

Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll Iech drop opmierksam maachen, dass mer haut de Projet de loi 4459 iwwer den nationale Beschäftigungsplan evakuéieren, och wann d'Setzung iwwer 18.30 Auer eraus dauert.

Mir fuere weider mat der Diskussioun iwwer de Projet de loi 4459 iwwer den nationale Beschäftigungsplan.

Et sin nach ageschriwwe fir haut: déi Här François Bausch, Gast Gibéryen, Lucien Clement, Marc Zanussi, déi Damme Renée Wagener, Tjerry Nicklaus-Faber, déi Här René Kollwelter a Robert Garcia an d'Mme Lydia Mutsch.

Als nächste Riedner as den Här François Bausch age droen. Här Bausch, Dir hut d'Wuert.

1. Projet de loi 4459 concernant la mise en oeuvre du plan national en faveur de l'emploi 1998 (*Suite*)

Discussion générale (Suite)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll a ménger Stellungnam fir d'eischt e puer Virbemierkunge maachen. Dat eischt as déi, dass ech wëll matdelen, zu wat fir enge Kapitelen dass ech wäerd schwätzen. zu deem voluminösen Dossier, dee mer haut virleien hun. Dat zweet as, dass ech wëll matdelen, dass no mir nach eng Riednerin an e Riedner vu ménger Fraktioun kommen, d'Mme Renée Wagener, déi iwwer déi méi geschlechtsspezifesch Moossnamen am Projet PAN waerd eppes soen, an och zum Congé pour raisons familiales an zum Congé parental, an den Här Garcia wäerd sech mam Volet Beschäftigungspolitik a Bildung befaassen. soudass ech a ménger Interventioun haaptsächlech eng gréisser generell Stel-

lungnam wäerd maachen an zu de Kapitelen Emploi des jeunes, Chômeurs de longue durée an Organisation du travail wäerd schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech op den eigentleche Projet agin, wëll ech e puer Virbemierkunge maachen zu der Virgeschicht vun deem Projet an zu deem eigentleche Modell, deen hannert där Virgeschicht steet, de sogenannte Lëtzebuerger Modell, an där domat verbonnener ominöser Tripartite.

Déi Gréng si sécherlech fir Dialog a Sozialpartnerschaft, an déi Gréng sin och nët dofir bekannt, dass se der Meinung sin, dass, wann een nët matenee schwätzt, ee besser weider kéim, wéi wann ee matenee schwätzt, mä ech mengen, et wir emol un der Zäit, ugesichts deem, wat sech an dene leschte Wochen a Méint ofgespillt huet, fir eng historesch Bestandsopnam ze maache vum Modell Tripartite a fir ze kucken, ob dee Modell och fir déi Problemer, déi mer haut hei virleien hun, nach ëmmer dat adequat Instrument as, fir déi an de Grëff ze kréien a fir Léisungen ze fannen.

Wa mer emol kucken, wou kënnt dee Modell Tripartite hir, da stelle mer fest, dass dee vum Enn de 70er Jore staamt, wéi et drëm gaangen as, d'Stolindustrie ze restrukturéieren, dat heescht, wéi et drëm gaangen as, een ekonomesche Sektour ze restrukturéieren, deen eigentlech bis dohinner de Wuelstand vum Land ausgemacht huet.

Lëtzebuerg war bis Enn de 70er Jore vum Monolithismus Stolindustrie ofhängeg, an et war klor, nodeem de Stolssektor europawäit, fir nët ze soë weltwäit an eng gréisser Restrukturatiounskris gerode war, dass et noutwendeg gin as, fir no Weër ze sichen, fir ze kucken, wéi een aus där Stolkris erauskéim, ouni dass et gréisser sozial Schierbele géif gin, ouni dass et verbonne wir mat gréisserer sozialer Härtefall fir déi eenzel Leit, déi an deem Sektour geschafft hun, an doriwwer eraus natürléich ouni dass et zevill gréisser Konsequenzen hätt fir eist

Land insgesamt, well ech mengen, et as klor, bis Enn de 70er Jor waren de Lëtzebuurger Stat an de Staatsbudget ganz staark ofhängeg vun den Erfolleger oder de Mësserfolleger vun der Stolindustrie.

Och an anere Secteuren hu sech esou Tripartite- oder souguer Quadripartite-Modeller bewährt. Ech erënneren hei nëmmen drun, dass mer an dene leschten 10 Jor d'Eisebunn hu misse restrukturéieren, engersäits natierlech duerch europäesch Virgaben, mä awer och, well insgesamt d'Eisebunnen an Europa an an der Welt enger grousser Restrukturatioun ënnerzu si sin, an dofir as do eng Quadripartite aberuff gin. Och déi huet hir Bewährung fond, fir an deem Secteur déi Kris do, respektiv déi Emstrukturéierung zu engem gudden Enn ze bréngen.

Et dréit sech also hei ëm Situatiounen, wou grouss Krisemomenter hu misse bewältigt gin, wou et drëm gaangen as, eis Ekonomie a groussen Domänen ze restrukturéieren, ouni dass gréisser sozial Schierbele géingen entstoen.

Esou eng Dräierkonferenz - an anere Länner gët et an der Tëschenzäit och nach "Bündnis für Arbeit" genannt, wann ech d'Bundesrepublik Däitschland huelen - huet sécherlech zu verschiddene Momenter hir Berechtigung. Wann ech d'Situatioun an Däitschland kucken, dat Bündnis für Arbeit, dat elo do uestet: Däitschland huet eng Situatioun mat engem Chômage vun iwwer 10%. An Ost däitschland hu mer gréisstendeels en Taux vun iwwer 20%, an et as esou, dass duerch d'Wiedervereinigung do nët nëmmen e Chômageproblem ze léisen as, mä effektiv ee Land dat anert quasi vereinnamt huet, wou ganz, ganz grave a spezifesch Problemer ustin, wou wierklech e gréisseren nationalen Effort verlaangt as, fir dat an de Grëff ze kréien. Do schéngt et mir evident, dass scho längstens hätt missen esou e Bündnis für Arbeit an Däitschland zustane kommen, an et schéngt mer och klor ze sin, dass dofir dat, wat déi nei däitsch Regierung mécht, an deem Kontext och berechtigt as.

Wann ech awer elo kucken, op Säit 4 vum Rapport, wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg as, fir dann ze vergläichen, ob dann esou en Instrument sech och nach zu Lëtzebuerg bewährt, da muss ech feststellen, dass mer laut dem Rapport hei zu Lëtzebuerg e Chômagetax Enn 1998 vun 3,1% haten, dat heescht vu ronn 6.000 Leit.

Mir hun awer zur gläicher Zäit eng Augmentation nette vum Emploi vun 48% gehat tëschent 1985 an 1998. Dat heescht, eleng schon dat beleet, dass mer eigentlech mat Sécherheet eng ganz aner Situatioun hu wéi all d'europäesch Länner a mat Sécherheet awer och eng ganz aner Situatioun hu wéi zur Zäit vun der Stolkris Enn de 70er oder uganks den 80er Joren.

Mir hun hei am Land eng Augmentation nette vum Emploi gehat pro Jor an dene leschten 10 Jor vun 3,3%. Elo as et natierlech awer esou, dass déi Augmentation nette vum Emploi hei zu Lëtzebuerg gréisstendeels besat gin as vu Frontalierën. D'Zuel vun de Frontalierën huet an dene leschten 13 Jor ëm 500% zougeholl.

1998 hate mer um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart 215.000 Aarbechtsplazen. Duvunner waren der 67.000 vu Frontalierë besat. Dat sin 31%, an am Jor 1997 si 70%

vun denen neien Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sin, besat gi vu Frontalierën.

Bei deem Débat, dee mer am Virfeld vun deem ganzen Tripartite-Accord hei an der Châmber gefouert hun, as gesot gin, dass, wa mer wëllen den Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg analyséieren an zu Konklusiounen kommen, déi e Sënn maachen, mer Lëtzebuerg da musse gesinn an enger Groussregioun, wou eng Millioun Leit op den Aarbechtsmaart drängen, déi sech och potentiell hei zu Lëtzebuerg ëmkucken no enger Aarbechtsplaz, an an där Groussregioun - dat geet och aus verschiddene Studien ervir, déi an dene leschte Jore gemaacht gi sin - si plus ou moins 10% Leit am Chômage. Dat heescht, déi Groussregioun läit ongeféier an der europäescher Moyenne.

Och fir eis als Gréng as et klor: all Aarbechtslosen as en Aarbechtslosen zevill, mä et muss een awer endlech emol eng Kéier seriö de Courage hun driwwer ze diskutéieren, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng spezifesch Situatioun hu a mat Sécherheet keng esou eng grouss Krisensituatioun um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart hun, wéi dat an allen aneren europäesche Länner oder Regiounen de Fall as.

Mir hun eng Krisensituatioun um Aarbechtsmaart an der Groussregioun, an déi Situatioun bewierkt, dass mer spezifesch Auswierkungen op Lëtzebuerg kréien. Mir als Gréng stelle staark a Fro, duerch dat, wat an dene leschte Méint passéiert as, ob d'Tripartite eigentlech nach dat gëeegent Instrument as, fir den Aarbechtsmaartproblem ze léisen. Mir bezweifelen dat. Mir sin der Iwwerzeugung, dass an der Tëschenzäit d'Tripartite an eng virgeschuewen dramatesch Aarbechtsmaartsituatioun mussen hirhalen, fir eng ganz Rei Verschlechterungen, zum Bei-spill am Lëtzebuurger Aarbechtsrecht, virzehuelen. Ech wäerd herno nach dorobber zrëckkommen.

Mä doriwwer eraus fanne mer eppes anescht vill méi problematesch. An der Tëschenzäit beschäftegt déi Tripartite sech geschwé mat alle Problemer hei am Land, nët nëmmen mat Aarbechtsmaartproblemer. Mir hun an deem Projet familjepolitesch Dimensiounen. An der Tëschenzäit gët driwwer diskutéiert, fir eng Tripartite iwwer d'Pensiounsfro anzeruffen, a wie weess, mat Sécherheet komme waarscheinlech och nach aner Saachen op den Dësch, wou fond gët, dass dat misst an der Tripartite diskutéiert gin.

Dat as e Wee, dee mir nët méi kënne matgoen, well mir sin der Iwwerzeugung, dass d'Tripartite, egal wéi se sech zesummesetzt, kee legitiméiert Gremium as, well en nët vum Vollek gewielt as, an dofir kann et och fir eis nët esou weidergoen, dass all gréisser gesellschaftspolitesch Froen hannert zouenen Diren an deem dote Gremium weider diskutéiert gin an d'Parlament herno nach jhust ka Jo an Amen soen, respektiv Korrekturen ubréngen, déi eigentlech am Endeffekt keng méi sin. Ech kommen herno och nach eng Kéier dorobber zrëck, spezifesch beim Volet iwwer d'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten.

(Interruption)

Här President, wann den Här Kollwelter sech, amplaz hei de Mëtteg erëm ganz onintelligent Zwëschebemierkungen ze maachen, emol eng Kéier d'Méi gemaacht

hätt, de gréng Walprogramm ze liesen, dann hätten e schon do kënne feststellen, dass dat, wat ech elo hei gesot hun, an eise Walprogramm steet, an dann hätten e sech deen doten Tëscheruff a virun allem déi Energie kënne spueren.

Ech wëll awer virufuere mam eigentleche Sujet, fir wat mer de Mëtteg hei zesumme sin.

Mir als Gréng gin de Verdacht nët lass, dass, wéi gesot, aarbechtsmaartpolitesch Saachen an de Virdergrond gestallt gin, fir hannert zouenen Diren eng ganz Rei Saachen duerchzebréngen, zumools wa se esou schéin agepaakt gi wéi an dësem Projet. Mir sin nämlech der Iwwerzeugung, dass dësen Tripartite-Accord eng Moggelackung as, wou eng ganz Rei positiv Elementer ronderëm e groussen negative Volet verpaakt gi sin, nämlech dee vun der Verschlechterung vun eise Aarbechtsrecht, an et as och nët fir näischt, dass virun allem ëmmer erëm betount gët vun de Patronaatsorganisationen, dass d'Häerzstück vum Tripartite-Ofkommes déi nei Méiglechketen um Niveau vun der Organisation vun der Aarbecht wären an dann, wann do eppes géng dru gefréckelt gin, de ganzen Tripartite-Accord géng zesumme falen.

Et war vun Ufank u klor, dass et an dësem Accord drëm gaangen as, fir um Niveau vum Aarbechtsrecht eng Rei Saachen ze verschlechteren.

Mir mengen, dass esou grouss gesellschaftspolitesch Froë wéi déi doten, déi mat immensen Ëmwälzunge wäerte verbonne sin an denen nächste Joren, nët kënnen hannert zouenen Dire gekläert gin an dofir e groussen öffentlichen Débat misst gefouert gin, datt d'Parlament och misst säi Rôle erfëllen, dass d'Politik misst hir Responsabilitéit iwwerhuelen, fir an denen doten Domänen anescht ze tranchéieren, éischter an engem Sënn ze tranchéieren, wéi d'Parlament et an enger Motioun gemaacht huet virun 1 1/2 Jor, wou mer eng Rei Direktive gin hun, och un d'Regierung, a virun allem am Beräich vun der Aarbechtszäitorganisation, déi awer herno nët agehale gi sin.

Ech sin der Meinung, dass d'Parlament nët villes geännert huet, well d'Parlament huet an de wesentlechen Saache vun deem Kapitel näischt kënnen änneren. D'Parlament huet eng gewëssen Uerdnung erabruucht. Et huet e minimale Schutz erabruucht, fir datt déi Deregulierungen, déi hei virgesi sin, nët sollen ausarten herno. Dat as sécherlech richtig, mä un der Essenz huet sech nët ganz vill geännert. Un denen zentrale Froë war nët ze rüttelen. An iwwerens as dat och an där éischter Sëtzung direkt scho kloggestallt gin, well ee vun de sozialpolitesche Spriecher vun der LSAP, den Här Lux, do nach opgemuecht huet, wéi et drëm gaangen as, iwwer datt Kapitel ze diskutéieren, an et as du scho ganz klor vum Staats- an Aarbechtsminister gesot gin, dass un deem dote Volet an deem Sënn näischt méi géng gefréckelt gin, well hie soss géng d'Vertrauensfro stellen am Numm vun der Regierung, well et wir klor, et kënn en näischt méi un der Organisation vun der Aarbechtszäit änneren.

Ech muss soen, ech kann novollzéien, dass de Staatsminister, dee sech jo selwer engagéiert huet an der Tripartite ronderëm dee Projet do, déi Vertrauensfro par rapport zu senger Majoritéit stellt. Ech perséinlech hun awer

vun Ufank u gesot, dass mir als Gréng eis nët géngen un eppes gebonne fillen, well mir jo schlussendlech nët an der Majoritéit wäeren, an dofir géinge mir och versichen, de Fanger op d'Wonn ze leën, wou en ze leë wär.

Ech kommen nach fir d'éischt, ier ech op d'Froë vun der Organisation du travail ze schwätze kommen, op déi Punkten, déi virdru stin, ze schwätzen, nämlech déi, déi den Emploi des jeunes betreffen.

An do fir d'éischt deen neie Contrat d'auxiliaire temporaire, deen an dësem Gesetz geschaf gët, wou mir prinzipiell näischt géint esou Mesuren hun. Ech hun awer dräi Punkten ze bemierken, wou mer och ufänke par rapport zu denen dote Mesure gewësse Bedenken ze kréien.

En éischte Punkt as deen, dass mer zumools bei Jugendleche feststellen, dass d'Astellungspolitik vu Stat a Gemeng riskéiert, wa mer déi dote Mesure weider intensivéieren, eng aner ze gi wéi an der Vergaangenheet, dass manifestement versicht gët, op kommunalem wéi och op staatlechem Niveau, amplaz d'Prioritéit op fest Astellungen ze leën, e gewëssent Schwéiergewicht drop ze leën, fir ze kucken, wéi een iwwer méi bëlle Aarbechtskräften, wat nun eemol déi dote sin, verschidden Aarbechte kéint maache loossen. Déi Tendenz kann ee mat Sécherheet elo schon a verschiddene Gemenge feststellen.

Mir wäeren och frou als Gréng, datt op jidde Fall par rapport zum Contrat d'auxiliaire temporaire an denen nächste Joren d'Regierung eis géng regelméisseg Statistike virleën, wat d'Gemengen an de Stat agestallt hun, wéi laang Jugendlecher do geschafft hun, wéi laang d'Begleitung war, wat fir eng Aarbechten dat waren asw., fir datt ee genau kann novollzéien, ob nët do iwwer eng Hannerdir déi regulär Effektiver bei Stat a Gemengen ënnergruwe gin.

En zwete Punkt dann - dat hun ech och an der Kommissioun gesot -: un deem Contrat d'auxiliaire hänkt e wesentleche Punkt, an dat as, datt mer et fäerdebréngen, eng uerdentlech Formatioun, eng Weiterbildungsméiglechkeet fir déi Jugendleche ze organiséieren. Do as elo virgesinn, hei am Projet, datt d'ADEM dat mam Ministère de l'Education nationale soll organiséieren. Allerdings - dat wëll ech awer soen - hun ech an der Kommissioun keng zefriddestellend Äntwerte kritt vun dene Responsabelen, sief et vun der Aarbechtsverwaltung, sief et vum Ministère de l'Education, wéi déi Offer do herno wierklech soll lafen.

Deen drëtten Punkt as een, deen ech och diskutabel fannen, an zwar, datt déi Jugendleche, déi ënner deem Contrat d'auxiliaire temporaire lafen, nëmme 80% vum Salaire social minimum sollen als Gehalt bezuelt kréien, well mer do awer eng gewëssen Ënnerkategorie ënner dem Salaire social minimum schafen.

Wat de Punkt vun den Travailleurs handicapés ugeet, dee geännert gët iwwer dëst Gesetz, esou hu mir absolut näischt dogéint anzuwenden. Dat beziit sech jo gréisstendeels souwiso op déi Proposition de loi vum Här Bettendorf. Mir fannen et och gutt, datt elo déi Bestëmmungen an eise Aarbechtsrecht fir d'Travailleurs handicapés op déi Leit, déi psychesch oder psycho-sozial Problemer hun, ausgedeeent gin.

Och déi Saach vum Bilan de compétence, déi virgesinn as an dësem Gesetz, fanne mer eng ganz gutt an eng ganz wichteg Saach, well een nëmmen esou eng Kéier wirkleech uerdentlecht statistesch Material kritt iwwer d'Zesummesetzung vum Chômage zu Lëtzebuerg, virun allem awer och iwwer déi reell Problemer an der Lëtzebuerger Gesellschaft an um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart.

Géint de Stage d'insertion hu mer eigentlech am Prinzip och näischt, ausser déi selwecht Kritiken a Virbehalter, déi ech ugefouert hun zu denen dräi Punkten, déi ech virdu genannt hun. Ech wëll awer global soen: woumat ech e Problem hun, dat as mat deem, wat am Gesetz hei steet, datt déi Bestëmmungen, sougutt zum Stage d'insertion wéi och zum Contrat d'auxiliaire temporaire, a verschiddene Krisesituatiounen, wann, loosse mer soen, e gréissere Jugendchômage géng entstoen, géngen dozou féieren, datt Entreprises, déi iwwer 100 Leit beschäftegen, mindestens 1% vun hirem Effectif musse mat esou Leit besetzen.

Dat as waarscheinlech gutt gemengt vun der Regierung, fir dat dran ze setzen. Ech verstinn och, wat den Hannergrond dovun as, mä ech mengen awer och, datt gewëss Risiko bestin, datt hei Betriber emol guer näischt dogéint hun, well dat se à la limite och nach arrangéiert, well se iwwer dee Wee iwwer bëlleeg Aarbechtskräfte kënnen verfügen.

Zum Stage de réinsertion professionnelle.

Do as et klor: dee betrëfft haaptsächlech d'Chômeurs de longue durée, a fir eis war et do éischter sënnavoll - mir hun nët prinzipiell eppes géint déi Mesüren, déi an deem Gesetz hei drästin -, déi Leit nët an esou Mesüren eran ze placéieren, mä éischter ze kucken, se an Entreprises sociales eran ze integréieren, déi et jo zu Lëtzebuerg gët - ech denken do u Polygone, Colabor oder anerer -, aus där ganz einfacher Ursach, well mer jo wëssen, datt et sech bei Chômeurs de longue durée meeschtens ëm Leit dréit, déi schwéier placéierbar sin, déi gréisser Problemer hun.

Mir fannen et do besonnesch wichteg, datt e gewëssenen Encadrement vun dene Leit besteet, mä en intensiven Encadrement, a mir mengen, datt dee besser garantéiert war eben an esou Entreprises, déi e soziale Charakter hun, well do e gewëssenen Undeel u Sozialpersonal méi schafft, wou méi psychologesch Betreierung méiglech as, wéi wann ee se iwwer de Stage de réinsertion professionnelle lafe léisst.

Generell fanne mir souwiso, datt mir par rapport zu all denen dote Mesüren éischter géingen an d'Richtung goen, nei Aarbechtsplazen a sozial Secteuren ze erschöpfen, fir ze kucken, wéi een am Ëmweltsektor, am sozialen an am kulturelle Beräich, och bei verschiddenen Déngschtleeschungen, déi de Moment nach nët vum Marché besat gin, well se einfach nët interessant si fir de Marché, wou et awer ganz vill Bedürfnisser an Tëschenzäit an der Gesellschaft gët, d'Bedürfnisser vun de Leit ka befriddegen, andeem de Stat eng gewëss Virreideroll do iwwerhëlt.

De private Marché as de Moment nët drun interesséiert, an dofir géinge mir higoen an dat, wat een am Ausland dee sougenannten "non profit sector" nennt,

méi als Bindeglied tëscht dem privaten an dem öffentliche Marché ausnotzen, fir méi eng grouss Unzuel vu klengen Betriber ze schafen, wat meeschtens da Genossenschaft wäeren, déi esou Leit besser kéinten opfänken, fir se herno eng Kéier op deen normalen Aarbechtsmarché zrëckzebréngen, wéi wann ee se elo iwwer gewëssen Insertiounsmesüre lafe léisst.

Et as och esou, datt am Ausland do an Tëschenzäit vill méi Effort gemaacht gi sin. Ech wëll Iech nëmmen e puer Chifferen nennen: an Italie gët et an Tëschenzäit 130.000 Leit, déi an dësem Sektour beschäftegt sin, a Frankräich as et schon iwwer eng Millioun, an der Bundesrepublik Däitschland läit et och no un enger Millioun. Souguer an den USA gin an där Hidsicht grouss Effort gemaacht, fir esou Secteuren ze ënnerstëtzen.

Et as allerdings esou, datt natiirlech dee Sektour do nët auskënnt, am Ufank, ouni staatlech Bâi- a Starthëllef. Mir fannen, datt Lëtzebuerg do e groussen Nachholbedarf huet, a mir kënnen och nët verstoen, firwat nët scho versicht gin as, deen Nachholbedarf méi opzehuelen, well et as 1995 e Bericht vun der Regierung gemaacht gin, deen och relativ positiv Konklusione gezun a festgestallt huet, datt et och hei am Land e grouss Potential gët fir déi dote Secteuren, mä bis elo war et nët méiglech, fir e gesetzleche Kader ze schafen hei am Land, wéi e beispillsweis schon am Ausland besteet, fir datt déi dote Betriber nach besser kéinte starten an der och méi géifen entstoen.

A Frankräich z.B. gët et an Tëschenzäit e Gesetz, dat d'Entreprises d'insertion regele soll, wat deen dote Sektour ugeet. An der Belsch gët et an Tëschenzäit e Gesetzesprojet, deen d'Sociétés à finalité sociale reglementéiert, wou eng ganz Rei Saache virgesi sin, speziell steierlech Instrumenter. Hei am Land gët et dat nach nët! Fir datt mer déi Saachen awer nohuelen, respektiv fir d'Regierung dozou opzefuerderen, hun ech am Numm vu ménger Fraktioun och deementspriedend eng Motioun gemaacht, déi d'Regierung opfuerdert, fir, wéi gesot, e legale Kader ze schafen, fir fir d'sozial Economie méi e groussen Duerchbroch ze kréien, nom Modell ebe vu Gesetzzer, wéi se a Frankräich oder an der Belsch existéieren.

Motion 5

La Chambre des Députés

- *considérant qu'il faudra tenir compte des besoins existant dans les domaines environnemental, social et culturel, besoins auxquels il ne peut être subvenu de façon suffisante et stable avec les seuls mécanismes de l'économie de marché;*

- *considérant que ce Tiers secteur ou secteur d'économie sociale, situé à l'embouchure des secteurs privé et public, est le champ d'activité de très nombreuses associations et sociétés coopératives à caractère essentiellement associatif et sans but lucratif;*

- *considérant que ce genre d'activités est potentiellement créateur d'emplois stables dans le secteur environnemental, le secteur socio-éducatif et dans le domaine des services de proximité;*

- considérant que l'économie sociale est très largement tributaire de l'intervention directe et indirecte de l'Etat, au moins dans sa phase de démarrage;

- considérant que les conclusions, très encourageantes, présentées en 1995 par le groupe de travail interministériel tardent à trouver leur application;

invite le Gouvernement

- à élaborer un cadre légal pour les acteurs de l'économie sociale à l'instar du modèle français de l'entreprise d'insertion ou du modèle belge de la société à finalité sociale;

- à créer un fonds spécial pour la promotion des acteurs de l'économie sociale destiné plus particulièrement à stabiliser les activités en phase de démarrage.

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Dir sid awer domat d'accord, dass mer e Gesetz iwwer d'Emplois à utilité socio-économique hun!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Jo, mä dat geet nët duer! Dir wësst och, Här Staatsminister, datt, wann Der Iech déi belsch, respektiv déi franséisch Gesetzer ukuckt, déi eigentlech vill méi wäit gin. Do gët z.B. de steierleche Kader vill méi wäit gedriwwen, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall as.

Ech mengen, et wir wierklech gutt, wann ee virun allem dat belsch Gesetz eng Kéier méi seriö géng ënner d'Lupp huelen, zumools well dat - mir hun dat gemaacht - relativ einfach iwwersetzbar war an d'Lëtzebuurger Gesetzgebung, well eisen Droit commercial ganz vill vum belschen ofgeschriwwen as, an ech mengen, datt dofir dat belsch Gesetz eng gutt Virlag kéint sin, fir zu Lëtzebuerg och kënnen an déi Richtung ze goen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Dir hut awer waarscheinlech ni d'Debatte vun der Chambre des Représentants doriwwer gelies!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dach, ech weess, datt et do an dene Kreesser Widderstänn gët! Mä dat soll eis awer...

(Interruption)

Ech weess z.B., datt et a Patronaatskreesser Widderstänn gët géint déi Initiativen!

...nët drun hënneren, deen nämlechte Wee ze goen, deen aner Länner an Europa awer fond hun, wou bestëmmt och déi selwecht Widderstänn ware géint esou eng Gesetzgebung!

Ech kommen dann awer zum Häerzstéck, wéi gesot, vun deem Gesetz, nämlech d'Organisation du travail, an ech wëll vläicht do zitieren, wat am Rapport op der Sait 23 steet, an de Considérations générales vun den zwee Rapporteurs: "Le thème de l'organisation du travail occupe aujourd'hui une place importante dans le cadre des

nouvelles pistes à explorer pour lutter contre le fléau du chômage, mais aussi en vue d'améliorer les conditions de vie et de travail des salariés et de renforcer la compétitivité des entreprises".

Wann een dat schreift, da muss ee sech natirlech zwou Froë stellen:

- as d'Flexibiliséierung deen effikasse Moyer, wéi hei behaapt gët, fir géint de Chômage virzegoen?

- dréit dat, wat mir hei am Text stoen hun, wierklech zu enger Amélioratioun vun de Conditions de vie vun dene Leit, déi an de Betriber schaffen, bäi?

Zu der éischter Fro - wéi effikass as d'Flexibiliséierung am Kontext vun der Lutte contre le chômage - mengen ech, datt et emol néideg wär, datt mer och hei zu Lëtzebuerg géingen ufänken, déi ganz Flexibiliséierungslogik ze demystifizieren a se als dat ofzestempelen, wat et as, nämlech eng grouss ugeluegten ideologesch Approche, déi hiren Ursprung an den 80er Jore fënt an eigentlech op zwee Argumentationsmusteren opbaut.

Dat eent as deen, datt mer Ufank den 80er Joren an eng Kris vum sougenanntene "fordistesche Produktionsmodell" geroode sin.

Duerch d'Entwécklung vun den neien Technologien hun d'Betriber et fäerdegruecht, méi flexibel Produktionsweisen ze entwéckelen, déi duerch déi rasant Entwécklung vun der Technologie an d'Richtung gaange sin, datt mer mat ville klengen Eenheten, déi ee vill méi schnell a ronderëm d'Auer ka lafe loossen, effektiv vill méi konnte produzieren, wéi dat an de 70er an an de 60er Joren de Fall war, bei enger gläichzäiteger Stagnatioun natirlech vun der Demande, déi mer virun allem Enn der 70er, Ufank der 80er Jor kannt hun. Fir deem entgéintzewierken an de Produktionsfaktor Aarbecht unzepassen, as gesot gin, mir mussen d'Intensitéit an d'Dauer vun der Aarbecht deem neie Produktionsmodell upassen.

Deen zwete Punkt as, datt wéi gesot déi Kris, déi mer an den 80er Jore kannt hun, eng Interpretatioun kritt huet vun denen nämlechte Leit, wou gesot gin as, datt d'Kris, déi mer an den 80er Joren haten, eigentlech op Rigiditéite géng opbauen, déi mer geschafen hätten an de 60er an an de 70er Joren, wat natirlech a sech schon eng Absurditéit as, well et as nët fir näischt, datt mer déi Zäit d'"golden 30 Jor" genannt hun, wou mer Wuesstemsraten haten, déi enorm héich waren, an och e Wuelstand entwéckelt hun, deen enorm héich war.

Et gët an Tëschenzäit, an den 90er Joren, Gott sei Dank ëmmer méi Ekonomisten an Europa, mä och doriwwer eraus op anere Kontinenter, déi mat ëmmer méi Erfolleg dee Mythos vun der Flexibiliséierung demystifizieren; esou z.B. nach kierzlech den Ekonomist an Direkter vum "Institut de recherches économiques et sociales", den Här Jacques Fraisenet, deen an der leschter Editioun vun enger interessanter Wirtschaftszeitung folgendes schreift iwwer dee ganzen ideologeschen Iwwerbau, deen do hannendru steet:

"Le marché du travail est présenté comme l'illustration caricaturale de cette logique, et le retour aux condi-

tions d'une croissance saine et durable est associé à la destruction de tous les obstacles au libre fonctionnement des marchés. Nous sommes ici en présence d'une offensive idéologique qui, profitant de la transformation des rapports de force, entend aboutir au démantèlement des droits, protections ou garanties collectifs que le mouvement syndical avait lentement conquis."

Ech mengen, et as klor: dat as och den Hannergrond vun där ganzer Debatt ronderëm dese Beschäftigungs-pakt, dee mer haut hei um Dësch leien hun. D'Patronaat-organisatiounen hun dat och laang a breed des öftere be-tount, an et as esou, datt ech natirlech elo nët wëll be-haapten - dat hun ech och an der Kommissioun gesot -, datt déi Ouverture, déi hei am Gesetz gemaacht gët, déi nämlecht Ausmoossen elo schon huet wéi an aneren eu-ro-päeschen oder angelsächsege Länner. Et wär total falsch, dat ze behaapten, mä et as awer ze soen, datt mat dësem Gesetzesprojet hei eng generell Ouverture ge-maacht gët, ouni déi geréngst Géigeleeschtung ze liw-were fir d'Salariéen an de Betriber.

Et as esou, datt hei nët nëmmen näischt drasteet, fir zur gläicher Zäit d'Aarbechtswelt ze humaniséieren an z.B. Aarbechtssäitreduktiounen anzeféieren. Et steet jo zur gläicher Zäit an dësem PAN nach eng Kéier dran, datt mer och an denen nächste Joren eng gewëss Lounmode-ratioun mussen un den Dag leën. dat heescht also, datt ei-gentlech iwwer déi Ouverture, déi hei gemaacht gët, déi jo als Zil huet, wéi gesot, Produktivitätssteigerungen ze kréien, méi aus de Leit erauszepressen, de Leit an de Be-triiber absolut näischt zougestane gët.

Mat där Logik si mir als Gréng nët d'accord. Mir fan-nen, datt mer de Moment an enger Situatioun sin, wou een esou eng generell Ouverture fir sämtlech Secteuren nët hätt solle maachen, well mir fannen - mir hun haut um Radio nach déi lescht Statistike vum STATEC héieren iwwer de Bilan vum Wuesstëm, dee mer d'lescht Jor haten; dat waren tëscht 5 a 6%, jee nodeem, ob een déi lëtzebuergesch oder déi europäesch Berechnung hält -, datt déi Beschäftegt un deem grouse Räichtum, dee ge-schafe gin as, misste bedelegt gin, zumools wann et sech ëm Saachen dréit, déi eiser Meinung no an denen nächste Jore gréisser Konsequenzen op d'Liewens- an Aarbechts-welt vun denen einzelne Leit hun, déi an de Betriber schaffen.

Mir sin der Meinung, datt aus all dene Grënn deem heite Volet nëmmen hätt kënnen zougestane gin, wann ef-fektiv déi nei Organisatioun vun der Aarbecht verbonne gi wär mat enger positiver Humaniséierung vun der Aar-becht insgesamt, well mir mengen, datt dat heiten dozou féiert, datt an den nächste Jore fir d'Leit an de Betriber méi Drock entsteet, datt se manner Zäit kréien, fir sech ze erhuelen, datt hiirt Familjeliewen immens ënner dene Mesüre wäerd leiden, déi hei decidéiert gi sin.

Mir froen eis och, wéi mer dat alles nach sollen ënner een Hutt kréien, wat mer hei decidéieren, nämlech en-gersäits vun de Leit ze verlaangen, datt se z.B. 12 Ston-nen an engem Dag solle schaffen an och nach "life long learning" dobäi maache sollen, d.h. à la limite och nach an eng Schoul oder an e Cours an der Fräizäit solle sëtze goen, an an engems solle si och nach en normaalt Famil-jen- oder Sozialliewe féieren.

All d'Erfahrungen, déi d'lescht Jor an deem heiten Do-maine gemaacht gi sin, beweisen, datt mir Recht hun. Och dat, wat den Här Lux gëschter hei zitéiert huet - dee berühmte VW-Modell -, beleet dat. VW as nët zu Gronn gaangen, well zum Beispill d'Aarbechtssäit re-duziert gin as, mä well am VW-Wierk zu Wolfsburg - dat konnt een a groussen Dossierën nolliesen, souwuel am "Spiegel" wéi och an "Die Zeit" - an de leschte Méint keng dräi Leit méi d'selwecht schaffen. D'Leit halen zu dene verschiddensten Zäit op a fänken zu dene verschied-densten Zäiten un.

Do gesäit ee schon, wat d'Konsequenze vun deem Modell sin. Wann een d'Aarbechtssäit nët reduzéiert hätt, dann hätt dat nach méi dramatesch Konsequenze gehat, wéi et der souwisou schon huet.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Dir wësst awer och, Här Bausch, datt et nët duergeet, fir d'Aar-bechtssäit op 28 Stonnen erfzesetzen, fir datt et de Leit besser geet! Wann Dir dat wollt soen, gin ech lech Recht.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dat as richtig! Mir hun nët behaapt - och nët an der Kommissioun -, datt d'Aarbechtssäitverkierzung e Wonnermëttel wär. Mir hun och nët behaapt, datt d'Aarbechtssäitverkierzung eleng duergeet, fir dofir ze suergen, datt déi Deregulie-rungen do zu dene Konsequenze féieren. Mä et as awer e wichtige Bestanddeel, wann een iwwer Flexibiliséierung schwätzt.

Fir ofzeschleissen, wëll ech nach en Zitat virlesen, dat vun engem renomméierten amerikanesche Soziolog staamt, deen aus dem Virreiderland vun deem doten, den USA, bericht. Et dréit sech ëm en Zitat vum amerika-nesche Soziolog Richard Senett, deen d'lescht Jor en ex-cellent Buch geschriwwen huet. Do gët en accablante Bilan iwwer d'Konsequenze vun deem sougenannten amerikanesche Modell gezun.

Hie schreift folgendes: "Flexibilität bezeichnet zu-gleich die Fähigkeit des Baumes zum nachgeben, wie die sich zu erholen, sowohl die Prüfung als auch die Wiede-rherstellung seiner Form. Im Idealfall sollte menschliches Verhalten dieselbe Dehnfestigkeit haben, sich wechselnden Umständen anpassen, ohne von ihnen gebrochen zu werden. Die heutige Gesellschaft sucht nach Wegen, die Übel der Routine durch die Schaffung flexibler Institu-tionen zu mildern. Die Verwirklichung der Flexibilität konzentriert sich jedoch vor allem auf die Kräfte, die die Menschen verbiegen." Ménger Meinung no as dat hei eng flott Beschreiwung fir dat, ëm wat et hei geet.

Ech kann dat, wat de Rapporteur gëschter gesot huet, nët novollzéien: an zwar, datt hien a séng Fraktioun dat, wat mir an der Kommissioun gesot hun, nët méi richtig fannen. Fir ze erklären, firwat ech dat nët verstän, wëll ech mech op e Pabeier beruffen, dee vun der sozialiste-scher Partei ausgeschafft gin as. Dee Pabeier heescht "Pour un modèle innovateur" am Beräich vun der Aar-bechtsorganisatioun. En as d'lescht Jor ëm dës Zäit vum Jeannot Krecké a vum Lucien Lux virgestallt gin.

Ech erspueren lech, fir nach eng Kéier alles virzelie-sen, wat hei drasteet. Déi ganz Introduktioun an deem Pa-beier as genau dat, wat ech virdru gesot hun.

Dofir kann ech net verstoen, wéi dee selwechten Deputéierte mir ee Jor duerno wëll wäis maachen, datt dat, wat ech soen, respektiv an der Kommissioun gesot hun, soll falsch gewiescht sin. Dem Aarbechtsminister wëll ech soen, datt déi Kreesser, déi him no stin, och déi selwecht Menung verrieden.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi.- Dat as och méng Menung!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dir kënnt jo herno hei op der Tribün soen, datt Dir total mat ménger Analys averstane sid. Dann hu mir schon e gudde Schrëtt an d'Zukunft gemaacht, fir an dësem Dossier virunzekommen.

An der kathoulescher Kiirch kennen ech nëmmen Dokumenter - wann et ëm dës Thematik geet -, déi ganz genau dat erëmgin, wat ech hei virgedroen hun. Ech stellen awer do erëm fest, datt kathoulesch-sozial ugehauchte Politiker an der Praxis ëmmer erëm de Konträr maachen an déi Léier, déi d'kathoulesch Kiirch an dësem Beräich dauernd no baussen dréit, net respektéieren. Dat kann ech eigentlech net novollzéien.

Souguer déi offiziell kathoulesch Kiirch zu Lëtzebuerg huet d'lescht Jor en excellent Dokument erausgin. Do gin déi Saachen op déi selwecht Aart a Weis excellent beschriwwen.

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur.- Däerf ech lech eng Fro stellen?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Selbstverständlich!

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur.- Här Bausch, Dir hut eng relativ kritesch Analys vun der Flexibiliséierung gemaacht. Wann ech awer Ären Amendement kucken, deen Dir als Gréng an der Spezialkommissioun verdeelt hut, dann heescht deen Amendement näischt anescht, wéi datt Dir d'Leit méi wéi 8 Stonnen den Dag a méi wéi 40 Stonnen an der Woch schaffe loosst, dëst awer nëmme fir déi Entreprises, déi manner wéi 20 Leit beschäftegen.

Dat, wat Dir elo hei esou heftig kritiséiert an duergestallt hut, wéi wa mir heimat eng fuerchtbar Deregulierung vun der Aarbechtszäit maache géifen, entsprécht genau deem, wat Dir als Amendement abruecht hut. Jhust fir déi Entreprises, wou iwwer 20 Leit schaffen, hut Dir gesot, datt d'39-Stonne-Woch spille soll. Dat heescht, fir all déi Entreprises ënner 20 Leit hut Dir näischt anescht proposéiert wéi dat, wat am Text steet. Ech wär frou, wann Dir eng Erklärung dozou kéint ofgin.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Wann Dir lech nach e bësse gedéllegt hätt, da wäerd Dir dat gewuer gin, well ech kommen elo genau zu deem Punkt.

Mir hun an der Kommissioun effektiv gesot, datt eis Grondhaltung déi dote wär. Mir hun iwwer en Amendement versicht, fir an dësem Kontext eppes ze kréien, wat eng kleng Verbesserung duerstelle géng. Dofir hu mir gesot, datt et zwee Niveauë bei der Diskussioun iwwer d'Flexibiliséierung gët.

Deen éischten as dee vu ganz klengen Handwierksbetriber, wéi zum Beispill e Bäcker oder e Metzler, déi gewëssen Héichpunkten am Jor hun, wéi beispillsweis d'Kommiounen a Krëschttag. Während denen Héichpunkte misse si iwwer méi eng grouss Flexibilitéit an hirem Betrib verfüge kënnen.

Mir kéinten eis ganz gutt virstellen, datt ee fir esou kleng Betriber zum Beispill eng Ouverture hätt kéinte maachen, och wa mir domat net glécklech gewiescht wären! Mir hätt léiwer gehat, et hätt een an dësem Gesetz déi Ouverture net gehat. Et war fir eis e Kompromëss, dee mir an der Kommissioun abruecht hun.

(Interruptions)

Loosst mech emol méng Ausféierungen zu Enn bréngen! Ech kommen och nach zu denen anere Punkten!

Firwat hu mir gesot, datt bei dene Betriber de Risiko kleng as, fir datt et zu Excèsë kënnt? E Bäcker zum Beispill huet déi héich Auslaaschtung net e ganz Jor ronderëm d'Auer. Bei deem dréit et sech effektiv nëmmen ëm verschidde Momenter am Jor.

Mir regulariséieren eppes, wat an der Praxis schon ëmmer stattfond huet. Dofir hätt een awer keng generell Ouverture misse maachen. Dofir hu mir en Amendement gemaacht, fir dene klenge Betriber déi Ouverture ze maachen.

Fir déi Betriber, déi doriwwer eraus gin, hu mir net gesot, datt d'39-Stonne-Woch soll agefouert gin. Mir hu jhust gesot, datt et mindestens ënner 40 Stonne pro Woch goë soll; well et steet näischt anescht am Text. Et steet net do, datt et sech op 39 limitéiere muss. Et as jo elo net esou, wéi wann d'39-Stonne-Woch gesetzlech agefouert gi wär. Wann awer elo gär Betriber déi Flexibiliséierung gehat hätten, dann hätt si iwwer déi Flexibiliséierung négociéiere misse.

Bei lech steet jhust, datt en Zwang fir Négociatioune besteet, mä et muss kee Resultat dobäi erauskommen. Et ka sin, datt d'Sozialpartner sech un een Dësch setzen, d'Patronë vun Ufank un Nee soen an d'Saach domat gelaf as. Mä hei hätt gestanen, datt et mindestens ëm eng Stonn muss reduzéiert gin, soss kritt keen dat Ganzt erlaabt. Dat wär en éischte Schrëtt an d'Humaniséierung vun der Aarbechtswelt gewiescht.

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur.- Däerf ech nach ee Saz soen?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dir däerft och méi Sätz soen.

M. le Président.- Keen Dialog! Jhust den Här Bausch huet d'Wuert!

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur.- Ären Amendement bezitt sech net op den Niveau vum Kollektivvertrag, mä op dat, wat legal erlaabt as.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, den Amendement bezitt sech op déi zwou Saachen. E bezitt sech op déi Referenzperiod vu 4 Wochen an och op deen Artikel, deen de Niveau vum Kollektivvertrag betrëfft, wou een an d'Richtung vun der Annualiséierung goë

kann. Liest den Amendement nach eng Kéier duerch! Kuckt den éischten Text, esou wéi en der Kommissioun presentéiert gin as. Do steet genau dat dran! Dir wësst dat och! Ech verstinn, datt Dir e bëssen nervös gitt!

Mir hu gesot, datt deen Amendement hei deen allerleschte Kompromëss gewiescht wär, dee mir hätte kënnen mat stëmmen. Mä et war net gewënscht, well vun Ufank u gesot gin as, datt deen Aspekt d'Häerzstéck as an net dru gerüttelt dierf gin. Dat, wat elo hei am Text drasteet, as eng generell Ouverture, ouni déi geréngste Géigeleeschtung. Dat kënnen mir net acceptéieren.

Mir hun an der Kommissioun natierlech alles, wat dun nach a fläisseg Aarbecht vun den zwee Rapportere fir déi Ouverture ronderëm d'Aarbechtsreduktioun proposéiert gin as, ënnerstëtzt. Mir hun eis gesot, datt mir alles ënnerstëtzen, wat gewëssen Auswuchs an deem Beräich évitéiert. Mir hun awer gesot, datt mir par rapport zu deem gesamte Kapitel skeptesch bleiwen an et an där Form net ënnerstëtze kéinten. Mir si skeptesch, datt d'Kontroll vun den Auswuchs soll méiglech sin.

Et huet sech am Ausland erausgestallt, datt all Versich an Erklärungen, déi gemaacht gi sin, fir dat Ganzt e bëssen anzeschränken, échouéiert sin, wa se net mat enger genereller Humaniséierung vun der Aarbechtswelt verbounne sin. Souguer dat huet an den eenzelnen europäesche Länner net kënnen dozou bäidroen, fir eng insgesamt Verschlechterung vum Aarbechtsrecht opzehalen.

Mir sin der Meinung, datt een hatt misse méi en zwingende Charakter fir Verhandlungen mat erabringen, fir datt et och an d'Richtung vun der Humaniséierung vun der Aarbechtswelt geet. Mir fannen et e positiven Usaz, datt iwwerhaupt emol iwwer Aarbechtsreduktioun geschwat gët. Mä wéi gesot, et as näischt verbindlech hannendrun. Mir fannen, datt et einfach net duergeet, well et dréit sech jo souwiesou nëmmen ëm déi Secteuren, wou Kollektivverträge ofgeschloss gi sin. Fir déi aner zielt et guer net.

Gutt as och, datt eng Fuerderung an de Plan d'action national erakomm as, déi ech och schon eng Kéier viru Joren am Kader vun enger Motioun iwwer en aneren Débat gemaacht hun. Et sin elo gewëss Fördermoossnamen an eiser Gesetzgebung virgesinn. Wann a verschiddene Secteuren Aarbechtszäitreduktiounen virgesi sin, da kann dat iwwer Fördermoossname während enger beschränkter Period kompenséiert gin. Alles dat sin natierlech Saachen, déi mir positiv fannen.

Ech hu jo och gesot - hei an an der Kommissioun -, datt mir net alles um Plan d'action national negativ fannen. D'Gläichgewicht huet an deem Volet awer net esou ausgeschloen, datt mir et ënnerstëtze kéinten.

Mir sin och der Iwwerzeugung, datt d'Kräfteverhältnis tëschent dem Patronat an dem Salarat bei wäitem net méi esou gönschteg as, wéi dat an der Kommissioun ëmmer duergestallt gin as. Et as haut net méi esou, obscho mir zu Lëtzebuerg effektiv nach en Organisationsgrad hun, deen immens héich as. Et as awer net méi esou, datt d'Kräfteverhältnis esou gönschteg an am Equilibre as.

Mir brauchen dofir nëmmen all Dag déi Beispiller ze kucken, déi mir dobaussen an der Realitéit erëmfannen.

De gewieltene Personalvertreter vun der CEDEL, deen entlooss gin as, as jo e Beispill par excellence gewiescht an de leschte Wochen, wéi d'Kräfteverhältnis an de Betriber as. Dofir soll ee sech - zumools wann ee Sozialpolitiker as - näischt virmaachen. Mir wëssen, datt immens grouss Risiken hannert där Saach stin.

Mir kënnen déi Intensivéierung net ënnerstëtzen. Mir wäerten och dofir bei dësen Artikelen e Vote séparé verlaangen. Beim Artikel VI, Punkt 1 Art. 4 a beim Artikel VII, Punkt 1 Art. 6 wäerte mir e Vote séparé froen. Herno, wa mir doriwwer ofstëmmen, wäerd déi gréng Fraktioun mat Nee bei deem Kapitel stëmmen.

Ofschléissend wëll ech och nach eppes zu der Affär mam Frang um Bensin soen, déi och an deem Projet enthalten as. Ech hun an der Kommissioun gesot, datt mir eis prinzipiell net géint dës Mesur verwieren. Mir fannen awer, datt ee muss ophalen, fir ëmmer dat Wuert "Ekologie" erunzezéien, wann ee Gelder am Staatsbudget brauch.

Eng ekologesch Steuerreform als solch gët nëmmen e Sënn, wann een e globaalt Konzept virleet, wou een de Leit dobaussen am Detail erkläert, wat de Sënn an den Zweck dervun as, well soss riskéiere mer, fréier oder spéider, datt mer e grouse Widderstand kréie bei de Leit. Mir hu jo scho gemierkt bei der ominöser Waassertax, déi den heitigen Ëmweltminister wollt aféieren, zu wat et féiert, wann ee lassgeléist ee Volet wëllt traitéieren, an nu war dat nach e gesamte Volet, mä deen awer eigentlech mat enger globaler ekologescher Steuerreform näischt ze din hat, an dofir menge mer, datt mer solle mat där heite Mesur ophalen an net an där Richtung weiderfueren.

Mir fuerderen d'Regierung dogéint op, dat eng Kéier hei ze diskutéieren, wat ugeholl gi war an enger Motioun, déi ech eragin hat virun engem Jor, fir e globaalt Konzept ausschaffen ze loosse fir eng ekologesch Steuerreform. Mir stellen eis dat e bëssen esou vir, wéi dat vum Mouvement écologique kierzlech virgeluegt gin as, an dann hu mir kee Problem, fir iwwer esou Mesuren ze diskutéieren, mä wann et weider an déi jëtzege Richtung geet, kënnen mer net dermat d'accord sin.

Ofschléissend wëll ech awer och eis global Haltung soen zu deem Gesetzesprojet, virgräifend op déi Riedner, déi nach kommen. Mir wäerte bei den Artikelen, déi ech elo genannt hun, dergéint stëmmen. Bei dem Congé pour raisons familiales wäerte mer eis enthalten. Beim Gesamtvote d'ëmännerung vun der Organisation du Kapitel iwwer Verschlechterung as, datt mer net kënnen de Gesamtpak matdroen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet de Co-Rapporteur, den Här Lucien Lux, fir e puer Präzisiounen ze gin.

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur.- Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt kurz dat Recht, wat de Rapporteur huet, fir an den Débat anzegräifen, benotzen, well mer bei engem wichtege Punkt sin, beim Häerzstéck vun deem, wat dës Gesetz as, wéi vu ville Riedner gesot gin as, well ech fannen, dass de

Kolleg Bausch déi egen Amendementer, déi déi Gréng an der Spezialkommissioun abruecht hun, nët richteg erëmget.

Et soll een den Text vun den Amendementer genau noliessen. Déi Gréng proposéieren am Artikel 54 am Regim vun den Aarbechter an all den Entreprises ënner 20 Leit genau dat ze maachen, wat mir am Text stoen hun, nämlech eng Referenzperiod vu 40 Stonnen, am Kader vun där d'Aarbechtszäit bis zu 10 Stonnen den Dag a bis zu 48 Stonnen d'Woch mat engem Plan d'organisation an esou weider kann ausgedeeent gin.

Si proposéieren an engem zweten Amendement am Artikel 65 dat selwecht am Regim vun de Privatbeamten, och fir all d'Entreprises ënner 20 Leit. An deem eenzegen Ënnerscheid as eben, dass se an den Entreprises iwwer 20 Leit dat selwecht proposéieren: Périodes de référence vu véier Wochen, 10 Stonnen den Dag, 48-Stonne-Woch méiglech, mat deem Ënnerscheid, dass, wann d'Période de référence spillt, wa se ugefrot as iwwer de Plan d'organisation, da fir déi Entreprises iwwer 20 Leit d'39-Stonne-Woch spillt.

Dat as genau de Wuertlaut vun den Amendementer. Et spillt sech guer nët um Niveau vun de Kollektivvertragsverhandlungen of, mä et spillt sech am Régime général of, dat heescht, et as dat selwecht wéi dat, wat am Projet steet, mat der Ausnam, dass déi Entreprises iwwer 20 Leit als Präis fir d'Referenzperiod d'39-Stonne-Woch kréien; een Amendement fir d'Aarbechter an en zweten Amendement fir d'Privatbeamten.

Ech mengen, et war wichteg, dat an deem Moment vun der Diskussioun klorzestellen.

M. le Président. - Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De 7. Juli 1988 hu mer als Châmber décidéiert, eng Commission spéciale anzesetzen, déi sech befaasse sollt mam Projet "Plan d'action national en faveur de l'emploi" an uschléissend der Châmber e Rapport virleë sollt.

No dräizéng Sitzunge vun där Kommissioun, déi a fairer an objektiver Manéier gefouert gi sin, diskutéiere mer elo iwwer dee betreffende Rapport. Ech wëll vun eiser Säit aus e Merci un d'Rapporteure Marcel Glesener a Lucien Lux riichte fir den excellente schréftleche Rapport, wéi och un de Sekretär vun der Kommissioun, den Här Martin Bisenius, an un de Lucien Lux fir de mëndleche Rapport, deem hien eis geschter a séngem Numm an am Numm vum verënnerte Kolleg Marcel Glesener virgedroen huet.

Laut den Auteurs vum Projet, deem insgesamt iwwer 50 Gesetzter ëmännert, huet en als Zil, engersäits d'Massenaarbeitslosigkeit zu Lëtzebuerg ze verhënneren an anerersäits déijéineg Leit, déi elo am Chômage sin, erëm an den Aarbechtsmaart ze integréieren.

Dësem Projet si virausgaangen en Débat d'orientation sur l'emploi den 13. November 1987 an der Châmber, de Sommet européen sur l'emploi zu Lëtzebuerg, den 20. an 21. November 1997, esou wéi d'Verhandlungen am Kader vun der Tripartite.

(M. Jean Spautz prend la Présidence)

D'Situatioun um Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg stellt sécherlech, wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, am Verglach mat den aneren europäesche Staten eng Ausnamesituatioun duer. Eleng an de Joren 1985 bis 1998 as d'Zuel vun de Beschäftigten am Land ëm 48% op 215.000 Salarieë geklommen.

Vun 1985 bis Enn 1997 huet sech den Taux de chômage trotzdem verduebelt, vun deemools 1,7% op 3,3%. Haut leie mer bei ronn 3%. Hei sin déi 1.700 Leit, déi a Beschäftigungsmoossnamen oder an der Prêretraite sin, nët berücksichtegt. D'OECD huet dofir an hirem Rapport festgestallt, dass de Pourcentage, wat de Chômage zu Lëtzebuerg ubelaangt, vill méi héich as, wéi en an den offiziellen Statistike vun der Regierung publizéiert gët. Den Duerchschnitt läit an der EU bei 9,8%. D'Zuel vun de Chômeuren huet sech bannent 4 Jor verduebelt, an zwar vun 1993 mat 3.399 Chômeuren op haut praktesch 7.000 Leit.

An dem Zäitraum vun 1985 bis haut as d'Zuel vun de Frontalierë ëm 500% gestiegen, op haut 67.000 Persounen, déi all Dag iwwer eis dräi Grenzen an d'Land schaffe kommen. Dës 67.000 Leit stellen 31% vum Gesamtsalarariat duer.

1997 si vun allen neie Plaze 70% vu Frontalierë besat gin. Aus dëse Chiffere geet klor ervir, dass de Chômageproblem zu Lëtzebuerg nët un éischter Stell e Problem vu genuch oder nët genuch neien Aarbechtsplazen as, mä villméi e Problem vu Formatioun an Upassungsméiglechketen un d'Besoinë vum Aarbechtsmaart.

Huet de Wuesstum un Aarbechtsplazen de Chômage zu Lëtzebuerg reduzéiert? Dat as eng Fro, déi ee sech an deem Kader ka stellen. D'Antwort as klor neen.

Sécher kann ee soen, wa mir dës zousätzlech Plazen nët geschafen hätten, da wir de Chômage méi héich. Et kann ee genau esou gutt behaupten, dass et misst méiglech sin, eisen dach klengen an iwwerschaubaren Aarbechtsmaart esou ze organiséieren an ze strukturéieren, dass all d'Leit, déi hei am Land wunnen a schaffe wëllen, och eng Aarbechtsplaz misste kréien.

Mir hu mat eiser Politik éischter zu engem Deel de Chômage an der Grenzregioun geléist wéi zu Lëtzebuerg. Et as klor an eng Realitéit, dass mir eisen Aarbechtsmaart nët méi kënnen isoléiert kucken, mä, am Respekt vun den europäesche Verträge, en am Kader vun der Groussregioun musse gesinn. Et as dofir genau esou logesch, dass d'Leit vun där anerer Säit vun onse Grenzen, déi keng oder eng schlecht bezuelten Aarbecht hun, wa se eng hei am Land fannen, dovu profitéieren.

Als ADR hu mir dofir ëmmer gesot, dass op Grond vun der spezifischer Lëtzebuerger Situatioun et schwéier, fir nët ze soen onméiglech as, d'Vollbeschäftigung zu Lëtzebuerg eleng op national Décisiounen hin hirzestellen, wann nët och an der Grenzregioun eng positiv Entwécklung um Aarbechtsmaart kënn. Dat wëllt dofir awer nët heeschen, dass mir dëst Argument solle benotzen, fir näischt ze maachen. Dach, et gët Moossnamen, meeschtens punktueller Natur, déi mir national kënnen

asetzen, wou déi eng méi an déi aner manner wierken. Mä all Moosnam, a wa se och nëmmen e puer Aarbechtsplaze bréngt, as derwäert, duerchgezun ze gin.

Mir hun an dene leschte Jore schon zwee sougenannt Beschäftigungspläng an der Châmber diskutéiert a gestëmmt, a mir mussen haut feststellen, datt se nëmmen zum Deel gewierkt hun, well trotz dese Moosnamen hu mir de Chômage nët an de Grëff kritt, au contraire, en as weider geklommen. Och deemools huet d'Regierung ons hir Propositionen, genau wéi elo, als Allheilmittel dergestalt; Skepsis as dofir och haut ubruecht.

Am Kader vun der Vollbeschäftigung si mir als Lëtzebuerg nët eleng gefuerdert. Fir ons als ADR as et och a virun allem en europäesche Problem. Den 18. Oktober 1997 hu mir als ADR e spezielle Kongress ofgehalen mam Thema "Strategie fir Vollbeschäftigung", wou mir niewent enger Rei vun nationale Propositionen och konkret Iddien a Propositionen um europäesche Plang gemaacht hun.

D'Aarbechtslosegkeet as nämlech nët eng vorausgesagten Naturkatastroph, mä villméi d'Resultat vu politeschen Décisionen, déi haut méi wéi jee um europäesche Plang getraff gin, Décisionen, déi de multinationale Konzernner all Muecht an d'Hand gespillt hun, eng Muecht, mat där se elo ongenéiert an ouni Skrupel hir wirtschaftlech Fräiheet géint déi iwwee Jorzéngten erkämpfte sozial Errongenschaften ausspülen.

D'Stëmm vun dene Leit, déi virun deser Entwécklung gewarnt a sozial an ekologesch Schutzklauselen a Mindestnorme verlaangt hun, as nët gehéiert gin, a si sin als Protektionisten dohi gestallt gin.

Am Europa vun de Multiën huet d'Aarbechtslosegkeet staark, jo drastesch zougehooll, a läit haut bei bal 20 Milliounen Leit. A wann op europäeschem Niveau keng grundleënd Kurskorrektur kéint, bleift déi Entwécklung weider bestoen. Eleng am Agrarsektor huet haaptsächlech déi europäesch Politik zum Ofbau vun 12 Milliounen Aarbechtsplaze bannent 20 Jor gefouert.

Den ADR huet och dofir dem Welthandelssofkomme GATT, wéi et hei an der Châmber zur Diskussioun stoung, nët zougestëmmt. D'Folge sin nët nëmme fir déi Mënschen, déi am Chômage sin, an hir Familien dramatesch, och déi Leit, déi nach eng Aarbecht hun, gin ëmmer méi ënner Drock gesat. Si hun Existenzangsch, well se fäerten, bei der nächster Rationaliséierungswell derbäi ze sin. Anerersäits sin d'Leit ëmmer méi bereet, akommesméisseg an arbeitsrechtlech Aboussen hinzehuelen, ze acceptéieren, well se ëm hir Aarbechtsplaz fäerten. An deem Zesummenhang as och den Afloss vun de Gewerkschaften am selwechte Mooss verklengert gin.

An Europa si mer amgaangen, genau wéi an Amerika, op eng 20 zu 80 Gesellschaft hinzesteieren. 20% vun der Gesellschaft stin op der Gewënnersäit, an 80% vun der Gesellschaft stin op der Verléiersäit.

360 Milliarden sin zesummen esou räich wéi 2,5 Milliarden Mënschen zesummen. bal d'Halschent vun der Mënschheet, an Europa hëllefte ferm mat, an déi Richtung ze marschéieren. Dofir ware mir als ADR och esou enttäuscht iwwee de sougenannten europäesche Be-

schäftigungssommet zu Lëtzebuerg, wou keng Initiativ op europäeschem Plang geholl gin as.

A Wierklechkeet hun déi 15 Staats- a Regirungscheffen nët méi an nët manner gemaacht wéi festgestallt a festgehalten, dass se hir Aarbecht doheem op nationalem Plang nët gemaacht hun an elo erëm sollen heem goen, fir beschäftigungspolitesch Moosnamen ze ergräifen an ënzesetzen, déi zum gréissten Deel nët aus ekonomesch vertriebare Léisunge bestin, mä villméi vun der öffentlecher Hand finanziert Beschäftigungsmoosname sin.

D'Allgemengheet muss fir de Schued opkommen, deen d'Multiën an hirer Profitsucht verschelt hun. Reng op europäeschem Niveau as näischt geschitt, an e Wiesel an der Politik as nët a Sicht, an dofir as a bleift den europäesche Beschäftigungssommet vum 20. an 21. November 1997 zu Lëtzebuerg fir ons als ADR a fir déi Milliounen vu Chômeuren an Europa en Echec.

Zum Gesetzestext selwer.

De Contrat d'auxiliaire temporaire, CAT, deen hei agefouert gët, ersetzt de Stage d'initiation an d'Division auxiliaire. De CAT as fir Chômeuren ënner 30 Jor, déi mindestens ee Mount bei der ADEM ageschriwwen sin. En huet eng Dauer vu mindestens 3 a maximal 12 Méint a begräift eng Formation am Betrib.

D'Indemnitéit bedréit 80% vum Mindestloun, dat heescht 37.502 Frang, respektiv 100%, wa keng Formation besteet. De Betrib kritt vum Fonds pour l'emploi 50% vun de Käschten zréck, d'Gemeng, d'Gemengesyndikater an d'gemengnëtzeg Associatiounen 85%. Doriwwer eraus gin d'Charges sociales vum Patron och vum Fonds pour l'emploi bezuelt. Nom Oflaf vum Vertrag huet déi Persoun während dräi Méint eng Prioritéit, fir agestallt ze gin.

De Stage d'insertion geet an eng ähnlech Richtung, mä am Géigendeel zum CAT besteet do kee Vertrag. Dese Stage gët vun der ADEM a Form vun theoretescher a praktescher Formation proposéiert fir déi jonk Demandeurs d'emploi, déi nach keng 30 Jor hun a mindestens ee Mount bei der ADEM ageschriwwen sin. D'Indemnitéit as och hei 80% vum Salaire social minimum. D'Halschent gët vum Betrib an déi aner Halschent vum Fonds pour l'emploi finanziert. De Placement an esou e Stage kann nët iwwee 12 Méint erausgoen. Dës Stagezäit gët als Période de stage fir d'Indemnité de chômage ugesinn.

Bei diesen zwou Neierunge muss ee sech un éischter Plaz d'Fro stellen, vu datt hei e groussen Deel vun der Indemnitéit vum Stat bezuelt gët, ob d'Betribler Interessen hun oder vläicht nët nëmmen Interessen hun, fir esou Leit anzustellen. Et muss ee kucken, ob keen Abus gemaacht gët, ob Leit mat méi héije Léin entlooss gin, fir esou Leit anzustellen. Mir musse wëssen, dass de Mindestloun am Abléck 46.878 Frang as. 80% dovunner, dat sin 39.846 Frang. 80% vum Mindestloun plus d'Charges patronales mécht ongeféier 44.000-45.000 Frang. De Stat iwwehëlt 50%, dat heescht bal 20.000 Frang vun 80%, an en iwwehëlt d'Charges patronales, dat heescht ongeféier 4.700 Frang. Am Ganzen iwwehëlt de Stat also 24.700, bal 25.000 Frang.

Déi Persoun kascht de Betrib dann nach ronn 20.000 Frang de Mount oder 115 Frang d'Stonn. Virdrun huet eng Persoun mam Mindestloun de Betrib 52.500 Frang de Mount kascht oder 300 Frang d'Stonn. Wann dat seriö gefouert gët an d'Betriber sech engagéieren, fir wierklech déi Leit ze huelen, fir supplementar Aarbecht ze maachen an hinnen eng reell Chance ze gin, fir erëm an den Aarbechtsmaart integréiert ze gin, da kann een duerchaus mat esou enger Moosssnam averstane sin.

Hei as et awer schwéier, eng Kontroll ze maachen. Dofir sin, mengen ech, d'Gewerbeinspektioun an d'ADEM gefuerdert, fir permanent d'Entwécklung vun dese Moosssnamen ze kontrolléieren an ze kucken, ob d'Betriber nët systematesch esou Leit astellen, fir méi niddreg Lounkäschten ze hun an zugläich awer hire Clientë keng méi niddreg Rechnung ausstellen.

Den Avantage, deem hei besteet - wann ee kann der-vun ausgoen, dass d'Betriber dat seriö maachen -, as, dass d'Leit iwwer dee Wee eng fest Aarbechtsplaz kréien. D'Vergaangenheet huet och bewisen, dass de Gros vun dene Leit, déi iwwer déi Moosssname beschäftegt gi sin, eng Aarbechtsplaz fond hun. Déi Leit, déi op der ADEM ageschriwwen sin, hun och en Avantage vis-à-vis vun de Grenzgänger, fir um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen.

Et gët hei och vu Formatioun geschwat. Si as nët klor definéiert, an et as och evident, datt ee se nët ka klor definéieren, well se dovun ofhänkt, wat déi Leit u Fäegkete matbréngen a wat fir eng Formatioun datt eis Betriber, eis Ekonomie spezifesch brauch. Dacks wësse mer, dass bei dene Leit, déi schwéier ze placéieren sin, och Qualifikationsdefiziter do sin.

Ech hun dëser Deg Kontakt kritt mat enger Persoun aus Frankräich, vun Thionville. Dës Persoun, déi elo a Frankräich am Chômage as, wëllt op Lëtzebuerg schaffe kommen. Déi franséisch Administratioun vum Chômage zu Thionville bitt hire Leit Couren am Chômage un, an zwar Ganzdaagscouren, fir lëtzebuergesch ze léieren. Persounen, mat denen ech Kontakt opgeholl hat virun 3 Méint, hun dun nach kee Wuert lëtzebuergesch geschwat, mä d'Fransousen hun et fäerdegbruecht, fir hire Leit hanner dräi Méint e perfekt Lëtzebuergesch bäizebréngen.

(Interruptions)

Dach, Nikela! Perfekt, Här Estgen, souguer mat denen typesch lëtzebuergesche Wieder!

Mir waren alleguer iwwerrascht, wéi mer déi Leit héieren hun. Si fänken elo den 1. Februar un, déi franséisch Leit op de Lëtzebuurger Aarbechtsmaart a Betriber ze schécken, fir do zwee Méint laang e Stage ze maachen, fir weider lëtzebuergesch schwätzen ze léieren. Déi Lëtzebuurger Betriber brauchen näischt fir déi Leit ze bezuefen, well se gi viru vun der Administration de l'emploi vun de Fransouse bezuelt, fir da besser op de Lëtzebuurger Aarbechtsmaart kënnen eranzekommen, no 5-6 Méint, a souzesoe perfekt Lëtzebuergesch kënnen ze schwätzen.

Hei stellt sech d'Fro, ob mer nët och mat där dote Moosssnam hei zu Lëtzebuerg kéinten higoen a Leit, déi

hei wunnen a kee lëtzebuergesch schwätzen, während 4, 5 oder 6 Méint à plein temps a Coure schécken, fir lëtzebuergesch ze léieren, an hinnen domat weider Chancen um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart ze gin. Mir stellen also fest, dass eis franséisch Noperen do vill méi wäit an aggressiv virgi wéi mir hei zu Lëtzebuerg. Et as am Fong traureg, dass eis Noperen eis dat musse virmaachen.

Bei Laangzäitchômeuren, déi iwwer 30 Jor hun a méi wéi 3 Méint am Chômage sin, funktionnéiert dese Stage d'insertion wéi fir déi jonk Demandeurs d'emploi. De Chômeur behält säi Chômage a kritt eng Indemnitéit an Héicht vum Salaire social minimum. De Betrib kritt 50%, de Stage kann nët iwwer 12 Méint erausgoen, an déi Persoun behält während 3 Méint eng Prioritéit, fir erëm agestallt ze gin. Hei kann ee soen, dass déi selwecht Iwwerleunge gëlle wéi virdu bei dene Jugendlechen.

Wat nach nei as an dësem Gesetz - a woumat mir eis och d'accord erklären -, as, dass, wann ee Chômeur keen Intérêt weist, wann e sech bei d'Betriber virstelle geet, wann en nët un dene Stagen, déi ugebuede gin, deelhëlt oder nët op d'Konvokatioun reagéiert, da ka vum Direkter vun der ADEM décidéiert gin, fir en zwee Méint aus dem Fichier ze sträichen. Da steet e selbstverständlech nët méi an de Statistiken.

Iwwer d'Egalité des chances as eng Proposition gemaacht gin, déi nëmme fir d'Fraë positiv Moosssname begraff huet. Dat war nët gerecht, eiser Meinung no, an och de Staatsrot huet et esou gesinn. D'Kommissioun huet den Text dun esou ëmgeännert, dass en elo fir Mann a Fra d'selwecht as an déi Betriber, wou déi Moosssname spillen - déi positiv Diskriminatioun, wéi mir dat nennen -, 65% amplaz vu 50% rembourséiert kréien. Den Aarbechtsminister erstelt hei eng Lëscht vu Beruffer oder Secteuren, déi vun dese Bestëmmunge kënnen profitéieren.

Et muss een allerdéngs wëssen, dass et typesch Männer- oder Fraëberuffer gët. Et kann nët sin, dass, wann an engem Secteur wéi zum Beispill der Coiffeursbranche e Mann agestallt gët, een da kann higoen a soen, elo kritt dee Patron 65% vun de Lounkäschte vun der Allgemengeheet bezuelt. Ech mengen, do muss een oppassen, dass do keng Abüë bedriwwen gin, a grad esou gutt fënt een dat och ëmgedréit. Ech mengen nët, dass dat hei zu enger falschverstanener Emanzipatioun féiert, an ech ka mer nët virstellen, dass mer muer soen, dass ee muss Fraë bei den Entrepreneuren an de Gruen schécken a mer denen da méi bezuelen. Et gët nun emol typesch Fraë- a Männerberuffer, a mir sollten do nët d'Regele vun der Natur ënner dem Afloss vun enger falschverstanener Emanzipatioun op de Kapp stellen.

Hei zu Lëtzebuerg gin 31,6% vun de Fraë schaffen. Den EU-Duerchschnitt läit bei 46,6%. Mir leien also hei zu Lëtzebuerg wäit hanner dem europäeschen Duerchschnitt. Dat as sécherlech dorop zréckzuféieren - an dat as och déi lescht Woch an der Diskussioun hei an der Chamber gesot gin -, dass d'Ugebuet vun de Structures d'accueil vläicht nët optimal genuch as, fir datt déi Fraë, déi wëlle schaffe goen a Beruff a Famill wëlle matenee verbannen, nët dat ugebuede kréien, dat d'Viraussetzung dofir as.

Dofir muss mer weider an déi Richtung schaffen, a mir müssen och weider an d'Deelzäitaarbecht investéieren.

ren an d'Patronat opfuerderen, och där Leit ze beschäftegen. Mir mussen awer och wëssen, datt hei zu Lëtzebuerg bei engem gewëssene Prozentsaz vun de Familjen de Revenu esou héich as, datt d'Fra nët muss schaffe goen, datt se einfach d'Chance huet, fir kënnen doheem ze bleiwen, an der Famill,....

Mme Renée Wagener (DÉI GRENG).- D'Fra oder de Mann!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mme Wagener, ech hu mat Absicht elo nëmmen d'Fra genannt, well ech geduecht hun, Dir géift dann eng Geleënheet kréien, fir de Mann och ze nennen.

Mme Renée Wagener (DÉI GRENG).- Merci!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mme Wagener, wann Dir eng Kéier e Mann hut, da sin ech frou, wann deen dat bei lech esou mécht, mä an der Regel as et nun emol eben d'Fra, an all Kéier wann ech d'Fra soen, dann as selbstverständlech...

(Interruption)

...och de Mann gemengt, deen doheem bleift an de Stot mécht. D'Realitéit as nun awer emol esou, dass et an der grousser Majoritéit d'Fra as, dei gär doheem bleift, Mme Wagener, fir hir Kanner ze erzéien, mat hinnen ze léieren an hinnen z'iessen za maachen, wa se aus der Schoul kommen. Dat as eng gutt a wäertvoll Aarbecht, déi leider vu verschiddene Kreesser heibannen nët genuch respektéiert gët.

Wa mer also géifen hei zu Lëtzebuerg soen, kommt, mer probéieren, fir op déi europäesch Moyenne vu 46,6% ze kommen, a muer géifen all déi Fraen oder Männer am Land, déi elo d'Hausaarbecht maachen, sech op d'Administration de l'emploi aschreiwe goen, da géif eisen Taux de chômage vun enger Minutt op der aner spronghaft an d'Luucht goen.

D'Organisation du travail as e Kärstéck vun dësem Gesetz. D'Chamber huet den 13. November 1997 eng Motioun ugeholl am Zesummenhank mat der Aarbechtszäitverkierzung, -flexibiliséierung oder -upassung. Mir hun eis als ADR deemools heibanne géint eng generell Aarbechtszäitverkierzung ausgeswat a gesot, dass ee virun allem als Lëtzebuerg muss virsichteg sin, well mer wëssen, dass mer haut scho praktesch iwwer 30% Frontalierë brauchen, fir eis Aarbecht hei am Land gemaacht ze kréien. Et as also nët u Lëtzebuerg, fir do eng Virreideroll ze spillen an Aarbechtszäitverkierzungen erbäzeféieren, déi och näischt géiten an de Betriber bréngen. Mir hu festgestallt, dass an dene Betriber, wou mer Aarbechtszäitverkierzung hun, et dene Leit nët onbedéngt besser geet. Ganz dacks as dee Manktum un Aarbechtszäit duerch e Méi un Aarbecht an där Zäit, déi bliwwen as, kompenséiert gin. Dofir hu mir éischerter dofir plädéiert, dass, wann esou eppes kënnt, een dat nëmmen kann op europäeschem Plang maachen, a soulaang wéi do näischt kënnt, sollte mir als Lëtzebuerg virsichteg sin.

De Prinzip as och hei am Gesetz festgehal e gin, fir bei der 40-Stonne-Woch ze bleiwen, also 5x8 Stonnen den Dag. Et as och festgeschriww e gin, datt ee ka maximal 10 Stonnen den Dag schaffen, datt Ausname kënnen iwwer

de Wee vu Kollektivvertrág oder duerch den Aarbechtsminister bis 12 Stonne gemaacht gin an déi maximal wöchentlech Aarbechtszäit höchstens 48 Stonnen där e f be droen, dat an enger Referenzperiod vu 4 Wochen. Dës Referenzperiod kann och iwwer de Kollektivvertrag oder duerch den Aarbechtsminister bis op ee Jor verlängert gin.

De Plan d'organisation geet iwwer déi ganz Referenzperiod, an d'Iwwerstonnen - ech brauch jo elo nët méi ze erklären, wat eng Iwwerstonn as, dat geet ganz klor aus dem Rapport ervir - kënne mat 50% Fräistellung kompenséiert oder mat 25% bezuelt gin. Hei hu mer och eppes Neies gemaacht, an zwar eng Gläichstellung tëscht dem Aarbechter an dem Privatbeamten, zumindest wat d'Iwwerstonnen ubelaangt, wa se duerch fräi Stonne kompenséiert gin.

Bis elo hate mer déi Regelung, dass d'Privatbeamte 50% kritt hun, souwuel wa se bezuelt gi sin, wéi och wa se fräigestallt gi sin. D'Aarbechter hate 25% an denen zwee Fäll. Elo kréien och d'Aarbechter 50% bei der Fräistellung a 25% beim Bezuelen. Hei kann een allerdéngs soen, datt eng gewësse Kontradiktioun an der Logik as, well d'Iddi jo déi as, fir d'Iwwerstonnen ze bezuelen, an nët, fir fräi ze gin. Doduerch awer, dass mer de Leit méi gin, wa se fräigestallt gin, respektiv de Patron mander brauch auszegin, wann hie se bezillt, kéint een hei och soen, dass d'Patronat keen Intérêt drun huet, fir d'Iwwerstonne mat fräie Stonnen ze kompenséieren, mä se éischerter mat 25% ze bezuelen. Mä et as eng gutt Direktioun.

D'Flexibilitéit, déi mir an dësem Gesetz aféieren iwwer e Plan d'organisation mat enger Referenzperiod, muss een insgesamt begrëissen, och wann een do erëm op Abüß muss oppassen. Et as eng Méiglechkeet, déi de Betriber gi gët, fir hire Betrib an hir Maschinne maximal auslaaschten ze kënnen, wou se bei enger gudder Organisation praktesch keng Iwwerstonne méi hun.

Jidfereen, dee fir Aarbechtsplazbeschafung schwätzt, muss am Prinzip géint Iwwerstonne sin, och wann et fir den eenzelne Salarié dacks e Plus u Revenu as, och wa verschidde Betriber d'Léin vun hire Leit esou opgebaut hun, datt se e Fixum hun an d'Iwwerstonnen d'Pai ausmaachen. Dat soll awer nët d'Regel sin, an et muss ee sech prinzipiell géint Iwwerstonnen aussprechen, an dofir as esou eng Moossonn, déi Iwwerstonnen ënnerbënt, positiv ze bewäerten. Och kann de Betrib éischerter op d'Fluktuatiounen vum Aarbechtsmaart reagéieren, well e säi Betrib an Zukunft besser organiséiere kann.

Et huet anerersäits awer negativ Auswierkunge fir de Salarié, deen an Zukunft muss méi onregelméisseg schaffen, vläicht souguer Nodeler, zum Beispill wat d'Benotzung vum öffentlechen Transport ubelaangt. Well d'Leit nët geregelt schaffen, hu se keng Méiglechkeet, fir den öffentlechen Transport ze benotzen, a mir schwätzen awer ëmmer esou vill, datt d'Leit solle mam öffentlechen Transport fueren. Dat hei geet e bëssen an déi aner Richtung. Et huet och sécherlech Nodeler fir d'Familjeliewen, dat kulturellt a sportlecht Liewen.

Mir wëssen awer, datt a verschiddene Branchen dat do scho praktizéiert gët, well verschidde Betriber kënn ten nët funktionnéieren, wa se eng zevill rigid Form vun Aar-

bechtszäit hätten. Zum Beispill am Bausecteur, wou tëschent dem Betrib an dem Personal queesch duerch d'Land Accore getraff gin, wou d'Leit nët nëmmen iwwer Deg oder Wochen, mä ganz dacks iwwer e Jor méi Stonnen an der Woch schaffen, fir esou kënnen dee Méi u Congé zesummenzeleën, fir, amplaz véier oder fënnf Wochen an hir Hemécht, a Portugal, ze fueren, der sechs oder siwen do kënnen bleiwen.

Dat gët et also schon a ville Betriber am Land, a mir maachen hei eng Léisung, déi dat nët regelt, well mer hei ëmmer bei der 40-Stonne-Woch op de Mount bleiwen.

Mir musse wëssen, dass, och wann et ekonomesch vertriebar as, dës Moosnam ënner dem Stréch keng weider Aarbechtsplaze schafft. Si reglementéiert d'Aarbechtszäit besser. Et kann ee soen, se séichert déi bestehend Aarbechtsplaze vläicht méi of, awer ënner dem Stréch gët et keng zousätzlech Aarbechtsplazen, an e Betrib, dee versteet, sech ze organiséieren, ka souguer Aarbechtsplazen aspueren.

E Punkt, dee mer mengen, dee vergiess gi wär, dee mer an der Praxis awer ëmmer méi erëmfannen, betrëfft Leit, déi eng Invalidensioun ufroen. Mir wëssen, dass am Abléck vill méi rigid virgaange gët vun den zoustännegen Instanzen a vill Invalidensiounen nët méi accordéiert gin. Leit, déi an der Invalidensioun waren an no enger gewëssener Zäit se verweigert kréien, gin oft nët méi an hirem Betrib agestallt, well se e Jor invalid erkläert waren. Wa se e Recours géint déi Décisioun maachen, kënnen se sech nët bei der Administration de l'Emploi aschreiwien, well soss deklaréiere se domat, se wieren apte au travail. Déi Leit sin an enger Noutsituatioun, a mir hun där ëmmer méi am Land. Mir hun der Mme Sozialministerin et schon e puermol gesot, dass ee fir déi Leit muss kucken, en Netz ze maachen, dass déi kënnen opgefaange gin, well déi Leit hu kee Revenu. Si sin nët an der Invalidensioun, a si kommen nët ënner d'Bestëmmunge vum Chômage; déi fale wierklech ënner guer näischt. Wa se Chance hun, kënnen se den RMG kréien. Hci wir eng Gelëenheet gewiescht, fir eventuell dat mat ze léisen.

Am Kader vun de Kollektivverträge muss elo iwwer d'Aarbechtszäitverkierzung diskutéiert gin, grad wéi iwwer d'Gläichbehandlung vu Mann a Fra an de Betriber. Duerch dës Bestëmmung gin d'Sozialpartner responsabliséiert.

Wann iwwer dës Moosname Leit, déi bei der ADEM ageschriwwen sin, eng Aarbechtsplaz kréien, iwwerhëlt d'ADEM während fënnf Jor d'Cotisations sociales.

Zum Plan d'organisation du travail. Do gët et eng Referenzperiod vu 4 Wochen. D'Leit musse fënnf Deg virdrun informéiert gin. D'Delegatioun vum Personal, do wou eng besteet, gët och virdrun informéiert. Et muss een awer wëssen, dass den Avis, deem d'Delegatioun ofgët, nët a Betracht gezu gët. Eréischt wann d'Delegatioun véiermol en negativen Avis ofgin huet, leeft d'Procédure de conciliation un. Well déi Period vu véier Woche bis op ee Jor ka verlängert gin, kéint een theoretesch soen, dass e Betrib e Plan d'organisation du travail kéint proposéieren, deem nët d'Zoustëmmung vun der Belegschaft a vun der Delegatioun géing fannen, an dass während véier Jor - am Maximum - d'Procédure de conciliation nët kéint

ulafen. Ech mengen, dass et sech hei méi ëm en Alibi-Avis handelt an een nët ka vun engem reelle Matsproocherecht am Betrib schwätzen. E Betrib, dee sech clever mat séngem Plan d'organisation uleet - wéi scho gesot -, ka verhënnere, fir Iwwerstonnen ze maachen.

Et muss een och oppassen, dass hei nët e System entwéckelt gët, wou Betriber regelméisseg zum Beispill 10 Stonnen den Dag schaffen an zwou Equipen asetzen, wou déi eng déi 14 éischt Deg 10 Stonne schafft an déi aner Deg sechs Stonnen, an déi 14 Deg duerno et ëmgedréit gemaacht gët. Dat as nët am Sënn vun dësem Gesetz.

Zum Congé parental. Mir si verflucht, dës Congé parental anzeféiere bei enger Gebuert oder enger Adoption, op Grond vun der EU-Direktiv 96/34. D'Gesetz gesäit vir, dass dat réckwierkend fir all d'Gebuerter vum 1. Januar un as. Dës gëlt fir déi zwéi Elterendeler.

Direkt no der Gebuert muss een de Congé de maternité huelen, an de Congé parental kann een huelen, bis d'Kand 5 Jor huet. Dat ergët 10 bis 11 Méint, wou eng Persoun aus dem Aarbechtsverhältnis erausgeet.

Hei kann et sin, dass déi Plaze vu Leit, déi op der ADEM gemellt sin, besat kënnen gin. Et as gewosst, dass déi Hëllefsmoosnamen, déi an dësem Gesetz virgesi sin, och spillen, wann e Congé parental ersat gët mat Leit vun der ADEM. Esou gi mir dene Leit eng gewëss Prioritéit virun de Frontalierën. Wat an dësem Gesetz ganz nei as, dat as, dass de Congé parental am Privatsektor eng Garantie de réemploi kennt, wat virdrun nët de Fall war bei der Allocation d'éducation. Do war eng Prioritéit, awer keng Garantie.

Dës Congé parental as am Fong fir déi éischt Persoun dat selwecht, wat mer virdrun hate bei der Allocation d'indemnité - mer hun dat fir 24 Méint bezuelt -, elo kann een dee selwechte Montant an Tranchen huelen: 6 Méint mat 60.354 Frang oder 12 Méint mat 30.177 Frang. Zu de Cotisations sociales: d'Krankekeess an d'Assurance dépendance gi vun der Indemnitéit ofgezun. Am Gesetz iwwer d'Assurance dépendance steet, dass ee muss an enger Krankekeess ageschriwwen sin. Par contre gët d'Kotisiatioun an d'Pensiounskeess vum Stat bezuelt an ugerechent, wéi dat bei de Babyjoren de Fall as. Et gi keng Steieren op där Indemnitéit bezuelt.

Beim Congé pour raisons familiales hu mer zwou Kategorien, wat nei a positiv as. Et gët déi Kategorie, wou d'Kanner gravement malade sin, wou ee ka mat engem Certificat médical zwéi Deg pro Kand pro Jor kréien, an déi Kategorie vun der Maladie extrêmement grave. Do as et "open end", do as kee Maximum festgehalen. Dat as ee Punkt, wou an der Kommissioun laang driwwer diskutéiert a gesot gin as, wann et wierklech eng Situatioun as, wou e klenge Kand zum Beispill kriibskrank as an et eng länger Zäit muss behandelt gin, da muss et der Gesellschaft wäert sin, dass d'Mamm oder de Papp ka bei deem Kand sin. Et as de Collège médical, deem e Certificat vum behandelnden Dokter virgeluegt gët, deem dorüwer befënt, an da kann een Elterendeel fräigestallt gin. Dat gët da vun der Krankekeess bezuelt.

Dir wësst, dass mer déi Moosnamen och haut schon hun, mä verstoppt: well och haut, wann e Kand krank as

an d'Eltere schaffen, bleift dat Kand nët eleng doheem, mä dann huet den Dokter ganz einfach d'Mamm oder de Papp misse krank schreiwen.

(Interruption)

Dat as d'Realiteit, Här Clement, an dofir as dat hei nët onbedéngt en zousätzleche Käschtepunkt, mä et as eng Upassung un d'Situatioun, déi am Senn vun de Kanner as an dofir eis Zoustëmmung fënt.

De Finanzement vun dësem ganze Projet beleeft sech op 2,5 Milliarden. Fir de Congé parental ze finanzéieren, gët eng Tax um Bensin agefouert vun engem Frang, déi indexneutral agefouert gët, wat dem Stat 750 Milliounen abréngt.

D'Gemeenge kréien en Abatement um Impôt commercial communal. De Fräibetrag geet vun 900.000 op 1,2 Milliounen erop, wat e Verloscht fir d'Gemeenge vun 850 Milliounen as. Als Kompensatioun soll d'Contribution vum Fonds pour l'emploi, déi am Abléck 2% as, op den 1. Januar 2000 op 0% erofgesat gin, wat eng Erspuernis fir d'Gemeenge vun 300 Milliounen pro Jor as. Mir waren Demandeur, datt een dës Kompensatioun op den 1. Januar 1999 virgezun hätt, dat heescht, d'Gemeenge sollten op dem Stéchedatum vum Verloscht och d'Kompensatioun kréien. D'Regierung as nët mat op dee Wee gaangen.

Et as och vill iwwer de SYVICOL geschwat gin, deen, ménger Meinung no, séng Roll hei nët gespilt huet. Verschidde Leit am SYVICOL hu sech opgereegt, datt se virun e Fait accompli gestallt gi sin. Ech fir mäin Deel sin der Iwwerzegung, datt verschidde Leit aus dem Comité vum SYVICOL frou waren, datt se nët ëm hir Meinung gefrot, mä virun de Fait accompli gestallt gi sin.

(Interruption)

Den Här Jean-Pierre Klein an den Här Norbert Konter rege sech hei elo e bëssen op. Et as bekannt, datt, wann ee mat engem Steen an e Koup Hënn geheit, dann ënner nemmen déi billen, déi sech getraff fillen. Dat sin an dësem Fall den Här Klein an den Här Konter, déi ech och domat, éierlech gesot, gemengt hat.

De SYVICOL as an dene leschte Méint, a méngen Aën, nët méi d'Interesseverriedung vun de Gemengen, mä et as un éischer Stell e Supporterclub vun der Regierung.

Och wann d'Regierung elo higeet a seet, se géif als Kompensatioun d'Obligatioun, fir d'Education précoce anzeféieren, nët op 2001-2002 festleën, mä eréischt op 2004-2005, da mécht se aus der Nout eng Tugend, well wann d'Regierung bei der Décisioun bliwwen wir, datt am Jor 2001-2002 d'Education précoce hätt missen obligatoresch ugebuede gin, wir et nët méiglech gewiescht, bannent zwee Jor an 118 Gemengen am Land déi néideg Infrastrukturen anzeriichten, déi hei verlaangt gin. Ech gliewen emol nët, souguer bei all guddem Wëllen, datt mer bis d'Jor 2004-2005 an denen 118 Gemeenge wäerte prett sin.

D'Regierung huet aus der Nout eng Tugend gemaacht. Och déi 50%eg Bedelegung un den Investitiounen as

wuel eng gutt Saach, mä d'Gemeenge mussen awer nach 50% investéieren. Et muss een och d'Fro stellen, wéi et da mat dene Gemengen as, déi kierzlech Schoule gebaut hun, do eng gewëss Reserv mat agebaut hun an déi Säll elo benotze fir d'Education précoce. Kréien déi réckwierkend fir déi Investitiounen 50%?

Dann as erëm en Argument hei ugefouert gin, wat schon e puermol gebraucht gin as, an zwar d'Fusioun vu Gendarmerie a Police, déi denen 19 Gemengen, déi eng Polizei hun, 350 Milliounen am Jor un Aspuernisser bréngt. Déi 350 Milliounen hun d'Gemeenge schon eng Kéier als Kompensatioun verkaaft kritt, wéi d'Gewerbesteuer ofgeschafft gin as. Si kréie se elo erëm beim PAN als Kompensatioun verkaaft, an et weess keen, wéini datt déi Fusioun kënnt.

Wann et nach een, zwee oder dräi Jor dauert, da kann d'Regierung nach e puermol kommen de Gemeenge Suen ofhuelen an hinnen d'Fusioun vu Gendarmerie a Police als Kompensatioun ubidden. Heivun hun 99 Gemengen am Land kee Frang, well eng Gemeng, déi keng Police huet, kann och keng Kompensatioun kréien.

Den ADR as prinzipiell dogéint, datt eng Erhéijung vum Bensinspräis genuegt gët, oder soss irgendeng Kotisationserhéijung. De Stat huet Geld genuch, fir nët ze soen, datt de Stat Geld zevill huet.

An de leschte Wochen hu mir héieren, datt Milliarde Steiergelder ausstien, déi nët agezu gi sin. Mir als ADR hate souguer e Mësstrauensantrag vis-à-vis vum Staats- a Finanzminister abruecht, wou mir soen, datt hie séng Aarbecht nët gemaacht an iwwer Jore Milliarde Steiergelder nët agezun huet. Dee klengen einfache Mann gët awer bis op de leschte Frang besteiert, kritt keen Ausstand, a wann en ze spéit bezillt, kritt en och nach Zësen opgebrummt.

Mir hun all Jor Milliarde Plus-valuën, déi och fir esou Saachen affektéiert kënne gin.

Iwwer d'Reform vun der Chambre des Comptes gët schon esou laang geschwat, wéi dëst Haus besteet. Déi Reform, déi elo virläit, as an eisen Aë keng wierklech Reform. Mir kréien d'Situatioun domat nët an de Grëff. Wa mir eng richtig Chambre des Comptes hätten, kéinten - d'Ausland beweist et - Milliarden agespuert gin.

D'Kannergeld gët op där enger Säit gehéicht, an op där anerer Säit gin d'Abattementer erofgesat. D'Regierung gët mat där enger Hand, wat si mat där anerer Hand hält.

Mir hun eng Flegerversécherung agefouert, an op där anerer Säit hu mir eng Cotisation sociale vun engem Prozent agefouert. Mir hun d'Steiertabell nët un d'Inflatioun ugepasst, an elo gët nach zousätzlech de Benzinspräis ugehuewen.

D'Regierung huet hei gutt, aus anere Leits Lieder Rimmer ze schneiden.

Mir als ADR wieren eis dogéint, Här Staatsminister, datt de Steierzueler nach zousätzlech hei belaauscht gët. Dës Regierung soll anstänneg mat hirem Geld ëmgoen, dann hätt si méi Geld wéi se bräicht, fir dës Politik ze maachen.

Duerch dëst Gesetz gin 81 zousätzlech Leit agestellt, dovun 24 bei der ADEM. Wann een d'Gesetz genee kuckt, da kéint ee soen, datt dat am Fong déi 81 wierklech a sécher Aarbechtsplaze sin, déi duerch dëst Gesetz geschafe gin. Dat anert as e parallelen Aarbechtsmaart, dee mir opbauen, dee vun der Allgemengheet finanziert gët. Mä mir schafen domat keng sécher a garantéiert Aarbechtsplazen.

Eleng d'ADEM kritt 24 Leit bäi. Et as keen dogéint, datt d'Administration de l'Emploi gutt funktionnéiert an hirer Missioun gerecht gët. Wa mir higin an hir duerch e Gesetz nei Missioun gin, dann as et och selbstverständlech, datt si déi Leit kréie muss, fir hir Aarbecht ze maachen.

Op enger ganzer Rei vu Punkten hu mir bei der ADEM an de leschte Méint a Joren eng positiv Entwécklung festgestallt. Virun e puer Jor war d'Kritik nach grouss vis-à-vis vun der ADEM. Déi huet an der Zwéschenzäit ofgehoill. Dat wëll awer nët heeschen, datt do alles perfekt funktionnéiert. Ech wëll un zwee Beispiller weisen, wéi brutal d'ADEM hei am Land mat Leit ëmgoë kann.

Et handelt sech ëm eng Persoun, déi am Dezember 1997 eng Demande als Travailleur handicapé gemaacht huet. Déi Persoun as schlecht drun, huet keen Akommes a freet een, deen hir d'Demande schreift. Dee schéckt déi Demande dann am Dezember 1997 eran a ríft all puer Wochen a Méint un. Am Januar 1999 ríft hien erëm un, an de Mann huet nach ëmmer keng Äntwert kritt. Da kritt hie gesot, datt hien elo eng Äntwert kritt, well si virdrun nach keng Zäit gehat hätten. Mä séng Demande gët wéinst engem Formfeler refuséiert. De Formfeler besteet doran, datt déi Persoun hir Demande nët ënnerschriwwen huet.

Dat as den Déngscht um Buerger! Dat revoltéiert een! Eng handicapéiert Persoun, déi eng Demande mécht, muss 14 Méint waarden, ier eng Äntwert kënnt, an da gët d'Demande nach refuséiert, well se nët ënnerschriwwen as, an déi Persoun muss elo eng nei ënnerschriwwen Demande erareeche. Dat as ee Bspill, wéi et lafe kann.

En zweet Bspill handelt vun enger Persoun, déi d'Scherer-Schoul ganzdaags besicht huet. Do gët da gesot, datt d'Scherer-Schoul nët als Schoul unerkannt gët, fir de Stage ze maachen, fir Chômage ze kréien. Déi Persoun huet bis haut nach keng Äntwert op hire Recours, dee si am August gemaacht huet, kritt.

Esou kann et nët funktionnéieren! Et kann nët einfach mam Schicksal vun eenzelne Leit gespillt gin! Ech hun déi zwee Bspill erausgesicht, well ech der Meinung sin, datt dat zwee haart Beispiller sin. An eng Verwaltung wéi d'ADEM misst ee méi Mënschlechkeet erabréngen.

Am éischte Fall hätt de Beamten och kéinten där handicapéierter Persoun uruffen a Bescheed soen, datt si hir Demande nach ënnerschreiwe muss. Da wär d'Saach gebongt gewiescht. Et hätt nët dierfte 14 Méint gewaart gin, fir dann e Refus wéinst engem Formfeler auszesprechen. Ech wollt déi zwee Beispiller hei ernimmen, fir ze weisen, datt nët ëmmer alles esou gutt as, wéi et duergestallt gët.

Et as awer och eppes mam Accord "Tripartite" realiséiert gin, wat nët am Gesetz steet. An zwar as hei och eng Modération salariale mat ausgehandelt gin. Ech zitieren hei den Aarbechtsminister aus dem Procès-verbal vun der Commission du Travail et de l'Emploi vum 23. Abrëll 1998, wéi hien eis doriwwer informéiert huet: "Da si mir eis eens gin iwwer en neien Accord iwwer d'Modération salariale. Dat, wat mir 1994 an 1995 ofgemaacht haten, nämlech datt d'Léin manner séier wuessen dierfe wéi de Produktivitéitsfortschritt, gët verlängert, als Engagement vun de Sozialpartner a vum d'Stat d'ailleurs. Beim Stat as d'Lounentwécklung méi héich, obscho mir se staark zrëckgedréit hun. Et bleift bei der Modération salariale.

An dene leschten dräi Jor as d'Lounentwécklung manner héich wéi d'Produktivitéitsentwécklung, mat engem klengen Ecart am Jor 1997, soudatt d'Kollektivvertraagspartner scho gewisen hun, bei der Ausféierung vun den Tripartitebeschlëss vu virdrun, datt dat mat hinne ze maachen as. Dofir féiere mir dat virun, ouni datt dat nach soll verschäerft gin. Hei si mir fir d'Weiderféierung vun der richteger Politik. Och dat soll klor gesot gin."

Här President, da soll een dat och no bausse soen. Ech maache virun allem en Appel u verschidde Gewerkschaftler, déi an de Betriber optrieden, d'Fauscht aus der Täsche huelen a maachen, wéi wa si grouss Revendikatiounen opstelle géingen. An der Tripartite hu si awer hiren Accord fir eng moderéiert Politik gin. Da kommt, da soë mir och als Gewerkschaftler, datt mir der Meinung sin, fir nët iwwer ee Prozent Lounaugmentatioun erauszegoen.

Beim Rentenajustement gesi mir elo, datt d'Lounentwécklung vun 1986 an 1987 nëmmen 1,3% iwwer zwee Jor war. An der Fonction publique war d'Lounentwécklung du bei 2%. Am Privatsektor war se da konsequenterweis ënner 1,3%, an da ware mir do nach iwwer där normaler Entwécklung. Da weess een, wéi d'Lounentwécklung an de leschte Joren am Privatsektor war. Wa virugefuer gët, da soll een dat klor soen. Och d'Gewerkschaftler, déi an der Tripartite setzen, sollen dat klor soen, da brauche si dobaussen an de Betriber nët esou haart ze kämpfen, wéi se dat virgin. Da solle si direkt soen, datt nët méi dran as wéi dat, wat si ausgehandelt hun.

D'Tripartite gët ëmmer méi gebraucht, an dat hei as e Bewäis dofir, fir Saachen ze maachen, déi nët am Ursprung vum Tripartitegesetz waren. Wéi an der Stolindustrie eng grouss Kris war, huet d'Tripartite hir Friichte gedroen. Mä et war ni am Sënn vun der Tripartite, datt do esou Moosnamen diskutéiert gin, wéi mir se haut diskutieren. Dat do as domat gläichbedeutend, wéi wann en nationale Kollektivvertrag ofgeschloss gi wir.

Wann ee sech an der Tripartite eens gët, fir eng Modération salariale ze maachen, déi nët iwwer d'Produktivitéitsentwécklung erausgoen dierf, dann as dat quasi wéi en nationale Kollektivvertrag, deen a geheime Verhandlungen ofgeschloss gi wär. Da soll een dat och soen. Da brauch een nët nach honnert aner Diskussiounen an d'Betriber féieren ze goen.

Elo as den Här Staatsminister och nach op déi gutt Iddi komm, fir d'Renten och nach an d'Tripartite eranzebréngen. Sécherlech huet dat nët domat ze din, datt dat um Niveau vun der Tripartite geschéie muss. Den Här Staatsminister wëll domat an der Virwalzäit realiséieren, datt d'Debatten iwwer d'Renten nët méi hei an der Châmber ofgehalé gin, wou ënner anerem och den ADR present as, mä hien hält dat léiwer a séng Geheimverhandlungen an der Tripartite mat eran. Do kann hien dann ënner Ausschluss vun der Öffentlechkeet eng Diskussioun féieren. Déi interesséiert all Mënsch a gehéiert a priori hei an d'Parlament, an nët an d'Tripartite.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Dir waart an der Sitzung dobäi, wou ech dat proposéiert hun. Dir hut nët gesot, datt Dir dogéint sid. Dir waart an enger Geheimverhandlung mat der Regierung an hut mam Kapp gewénkt!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, den Här Staatsminister huet Recht, wann hie seet, datt ech dobäi war. Mä hie muss onbedéngt bei den Optiker goen, wann hie seet, datt ech mam Kapp gewénkt hätt. Well ech hun nët mam Kapp gewénkt!

(Interruptions)

A wann ech mam Kapp gewénkt hätt, dann hätt ech bestëmmt Nee gewénkt! Déi siwe Gewerkschaften - wou der iwwregens och zwou aus der Fonction publique dobäi waren - hun hiren Accord nët gin. Dat as eng Proposition, déi Dir gemaacht hut. Déi siwe Gewerkschaften kommen elo eng Kéier zesummen, wou si iwwer déi Proposition diskutéieren. Do wäerte mir och eis Meinung soen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Hut Dir dat nach nët gemaacht?

M. Gast Gibéryen (ADR). - Neen, dat hu mir nach nët gemaacht!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Da schéngt dat keen dringende Problem ze sin!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Neen, et schéngt kee groussen Intressi bei de Gewerkschaften ze bestoen, fir déi Diskussioun an d'Tripartite ze verleën.

Dat gesot, wäerd den ADR deem Gesetzprojet nët zoustëmmen. Mir sin nët domat d'accord, datt eng zousätzlech Steuer - eng Ekosteier - fir dese Projet agefouert gët.

M. le Président. - Als nächste Riedner as den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

M. Lucien Clement (CSV). - Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëll méngen zwee Kollegen aus der Spezialkommissioun, denen zwee Rapporteurs Lucien Lux a Marcel Glesener, merci soë fir deen ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee si eis virgeluegt hun. Leider war et dem Marcel Glesener aus familiäre Grënn, déi mir alleguer kennen, nët méiglech, säi mëndleche Rapport ze maachen.

A ménger Interventioun wëll ech mech haaptsächlech mat dräi Punkte beschäftegen:

- wéi steet et mam Esprit d'entreprise hei zu Lëtzebuerg?

- wéi eng Méiglechketen hun d'Entreprises, fir Accès zum Risikokapital ze kréien?

- wéi eng Punkte vum Gesetzesprojet betreffe besonnesch de Mëttelstand an d'Handwierk?

Wéi gesot wëll ech mam Esprit d'entreprise ufänken.

Ech wëll drun erënneren, datt de Succès vun enger aktiver Beschäftigungspolitik an engem wesentleche Mooss vun der Schafung vun neien Aarbechtsplazen ofhänkt. Ech wëll och drun erënneren, datt d'Aarbechtsplazen nët hei an der Châmber an och nët a Sonndesrieden, mä an éischter Linn vun de Betriber geschafe gin.

Et geet awer nët duer, sech drop ze verloossen an ze waarden, datt déi bestehend Betriber vum selwe méi grouss gin an esou nei Plazen entstin. Ménger Meinung no muss eng vun den éischte Prioritéite vun enger aktiver Beschäftigungspolitik dora bestoen, fir d'Grënnung vun neie Betriber ze encouragéieren.

Zu deem Thema huet de Staatsminister de 7. Mee 1998 a sénger Erklärung zum Etat de la Nation eng Rei Bemerkunge gemaacht, un déi ee sech haut méi wéi jee erënnere soll.

- Hien huet gesot, datt hei zu Lëtzebuerg den Esprit d'entreprise müsst weider entwéckelt gin.

- Hien huet fir eng Offensiv plädéiert, déi d'Selbstännegkeet fördere soll.

- Hien huet versprach, datt den Zougank vu klengen a mëttlere Betriber zum Risikokapital géing vereinfacht gin.

Deemoools huet de Staatsminister och en Argument genannt, fir diesen Dräi-Punkte-Programm ze ënnermaueren. Hien huet ausdrécklech drun erënnert, datt ee Selbstännegen am Duerchschnëtt bei enger Betribsgrënnung véier aner Leit eng Aarbechtsplaz zur Verfügung stellt.

Elo froen ech mech awer, wéi mir et fäerdegbrénge sollen, den Esprit d'entreprise an d'Freed un der Selbstännegkeet opzewäerten. Ech gesinn do nämlech e Mentalitéitsproblem hei am Land.

Et kann ee jo awer nët behaupten, datt d'Lëtzeburger Entreprise vun engem Préjugé favorable profitéieren. Ob am Handwierk, am Commerce oder an der Industrie: ëmmer méi Betriber kloen, datt si eng sëllege Schwirgkete gemaacht kréien, datt oft probéiert gët, fir iwwerkonzentriert Aktiounen d'Implantatioun vun deem engen oder anere Betrib ze verhënnern.

Mir kennen alleguer Beispiller, wou Aarbechtsplazen duerch konzentréiert Aktiounen vun zwou oder dräi Dose Leit op d'Spill gesat gin.

Et as jo haut modern, am Numm vun där eigener Liebensqualität anere Leit hiirt Recht op eng Aarbechtsplaz ganz einfach ze ignoréieren.

Dës éischter betriebsfeindlech Mentalitéit begéint ee leider och a villen Administratiounen an an öffentleche Verwaltungen. Do kënnt et ëmmer erëm vir, dass Gesetzer oder Reglementer zum Nodeel vun de Betriber interpretéiert an applizéiert gin. Ech ka mer virstellen, dass Leit, déi e Betrib opbaue wëllen, op dës Plaze misste gehollef kréien an nët mat administrative Schwiregkete konfrontéiert gin.

Une voix.- Très bien!

M. Lucien Clement (CSV).- Do as a villen Administratiounen d'Iddi vun enger Offensiv en faveur vun der Selbstännegkeet leider Gottes nach ëmmer e Friemwuert.

M. Jean-Paul Ripplinger (DP).- Et géif een nët mengen, datt Dir scho 15 Jor an der Regierung sid.

M. Lucien Clement (CSV).- Ech sin awer schon zefriden, datt méng Iddië gutt sin. Dir hut jo och vläicht gutt Iddiën.

M. Jean-Paul Ripplinger (DP).- D'Iddië si gutt, se gi jhust nët ëmgesat, an dat scho säit 15 Jor.

M. Lucien Clement (CSV).- Dir hut och vläicht gutt Iddiën, déi nët ëmgesat gin, mä Dir sot se jhust nët.

M. Jean-Paul Ripplinger (DP).- Waart emol bis de Juni!

M. Lucien Clement (CSV).- Et geet awer sécherlech nët duer, fir ze jéimeren an ze kloen. Mir musse kucken, fir d'Mentalitéit geännert ze kréien. Mir mussen eng méi positiv Astellung vis-à-vis vun den Entrepreneuren erreichen. Mir mussen e Klima schafen, wou méiglechst vill Leit sech encouragéiert fillen, fir de Schrack an d'Selbstännegkeet ze woen an e Betrib opzemaachen. De Geescht vun der Vollkaskomentalitéit oder der Vollkaskogesellschaft muss ënnerbrach gin.

Et geet jo drëm, fir an de Käpp vun de Leit eng Aart kulturell Revolutioun ze provozéieren. Wann nämlech vum Lëtzebuerger behaupt ka gin, him géif d'sozial Sécherheet an d'Liewensqualität iwwer alles goen, dann as et evident, datt den Terrain fir eng Offensiv en faveur vun der Selbstännegkeet nach muss preparéiert gin.

Do hun natiirlech d'Schoul an d'Léierpersonal eng grouss Roll ze spillen. Mir sin eis sécherlech eens, datt den Enseignement déi jonk Leit op d'Beruffsliewe virbereede soll. An dene meeschte Fäll gët hei un eng gutt a sécher Aarbechtsplaz geduecht. Hei misst an Zukunft, a vill méi systematesch wéi bis elo, probéiert gin, fir bei dene jonke Leit den Intérêt fir eng Activité indépendante ze provozéieren. Et muss eise Kanner schon am jonken Alter vermëttelt gin, datt och en Handwierk oder e Commerce eppes ganz Nobles a Wäertvolles as an den Indépendant och an Zukunft e Stéck vun der Gesellschaft bleiwe muss.

Une voix.- Très bien!

M. Lucien Clement (CSV).- Wat sin dann eis kleng Dierfer haut schon, wou et kee Café, keng Epicerie, kee Metzler an och kee Bäcker méi gët? Et muss ee sech froen, ob dat d'Liewensqualität as, déi mer am nächste Jordausend wëllen hun.

An all eisen Nopeschlänner maache sech d'Spezialiste vum Enseignement ähnlech Gedanken. Si stin och virum Problem, fir an de Schoulen deen héije Stellerwäert vun den Entrepreneuren zur Geltung ze bréngen. Déi jonk Leit sollen a musse vermëttelt kréien, datt se an hirem Liebensplang d'Méiglechkeet vun enger Existenzgrënnung nët vu vieren ausschléisse sollen. An anere Wieder: d'Schoul soll dene jonke Leit d'Loscht fir d'Selbstännegkeet vermëttelen.

An deem Kontext as positiv ervirzehiewen, dass d'Gesetz den Objektiv vum techneschen Unterrécht genau festleet. Hei soll an éischter Linn op d'Beruffsliewe virbereeden. Dësweideren as positiv zrëckzebehalen, datt fir déi Leit, déi Schwiregketen hun, e CATP ofzeschlëssen, zwou aner Méiglechkeete bestin, fir sech op e Beruff virzereeden: de CITP an de CCM, mat enger méi praktescher Orientatioun. Si kënnen awer spéiderhin och a Richtung vun engem CATP weiderfueren. Schliesslech muss een och nach d'Schoul vun der zweeter Chance ernimmen. Hei kënnen déi Leit, déi an hirem Jugend keen Ofschloss gemaacht hun, dat nohuelen. Esou hu si eng besser Chance um Aarbechtsmaart.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, wie sech selbstänneg maache wëllt oder drun denkt, fir e Betrib ze grënnen, dee brauch Geld. An domat kommen ech direkt zum zwete Punkt, deen ech haut wollt behandeln: d'Méiglechkeet, fir un dat néidegt Kapital ze kommen, fir e Betrib ze grënnen. Dat as fir mech e kruziale Punkt fir eng Betriebsgrënnung oder -erweiderung.

Et mécht sech mat Sécherheet kee jonke Mënsch selbstänneg, well e weess, datt an Zukunft manner Steierdrock op de Betriber laascht. Et grënt och keen e Betrib, well en d'Allocatiounen fir d'Kannergeldskeess nët méi brauch ze bezuelen, well den Abatement extraprofessionnel agefouert gouf oder den Abatement beim Impôt commercial vun 900.000 op 1,2 Milliounen eropgehuewe gin as. Ech kéint déi Lëscht vu favorable Mesure beliebig weiderféieren, well et muss ee jo soen an zouginn, dass an dëser Legislaturperiod enorm vill an dësem Domän fir de Mëttelstand gemaacht gin as. Dat alles si Mesuren, déi dene bestehende Betriber d'Liewe méi einfach maachen, mä ech hun, wéi gesot, zolidd Zweifel, ob dat e jonke Mënsch dervun iwwerzeegt, fir sech selbstänneg ze maachen.

Ouni e Minimum u Kapital as dee schéinste Projet condemnéiert, fir an engem Tirang leien ze bleiwen. Et as awer guer nët esou einfach, fir Suë geléint ze kréien.

Une voix.- Et as nach méi schwéier, se erëmzebezuelen!

M. Lucien Clement (CSV).- Dat as och wouer! Ech kommen nach dorop zrëck!

Normalerweis froen d'Banken Garantien, déi am Fong voraussetzen, datt schon e gewëssent Kapital disponibel as. Jhust ëm dat Startkapital geet et beim Risikokapital.

Oder d'Banke froen esou héich Zënse, dass aus deem Risiko, dee schon normalerweis mam Start vun enger selbstänneger Aktivitéit verbonnen as, e richtegt Banque-Spill gët.

D'Léisung vun dësem Finanzéierungsproblem as also ënner dem Begrëff Risikokapital bekannt. Déi kleng a mëttler Betriber kruten och versprach, hinne géif an Zukunft den Zougank zum Risikokapital erlichtert gin. Ech muss awer feststellen, dass an dësem wichtege Punkt Welten tëscht der Theorie an der Praxis leien.

D'Tatsaach as, dass d'SNCI eng Zomm vu 700 Millioune Frang vun der europäescher Investitiounsbank zur Verfügung gestallt krut. No der Meinung vun der Tripartite sollt eigentlech ronn d'Halschent vun dene 700 Millioune fir finanziell Operatiounen an der Kategorie Risikokapital reservéiert gin. D'SNCI as souguer encouragéiert gin, fir zesumme mat interesséierte Banke vun der Finanzplaz Lëtzebuerg een neit spezialiséiert Instrument ze schafen. Ech stellen awer fest, dass d'SNCI zesumme mat fënnef Lëtzebuurger Banken eng Gesellschaft gegrënt huet, déi sech "Société luxembourgeoise de capital-développement pour les PME" nennt. Mat engem Kapital vun am Ganzen 100 Milliounen as am Summer den Départ geholl gin. D'SNCI selwer huet 50 Milliounen - an ech muss dat widderhuelen, 50 Milliounen - zum Kapital bäigedroen, an nët 350 Milliounen.

Hei as ganz klor nët dru geduecht gin, fir de klengen a mëttlere Betriber den Zougank zum Risikokapital ze erlichteren. D'Konditiounen, déi vun der CD-PME gestallt gin, sin esou selektiv, dass déi grouss Majoritéit vun de Betriber kee Recht op Ënnerstëtzung kritt, eleng schon aus där Ursaach, well se nët aus Kapitalgesellschaften constituéiert sin. Ech sin awer der Meinung, dass keen heibanne wëllt, dass déi kleng Handwerks- an Handelsbetriber, déi ëmmerhin nach 53% vun alle Betriber ausmaachen an zu eiseem Alldag gehéieren, elo sollen a Kapitalgesellschaften ëmgewandelt gin an iwwer dee Wee deene eene Risiko wäitgehend ofleën. Et as mir och schleierhaft, wéi jonk Handwerksleit oder Commerçantën, déi e Betrib grënne wëllen, mat dësem Instrument solle geholf kréien.

(Interruptions)

Wann ech richteg verstanen hun, dann hun d'Existenzgrënnungskandidate kaum eng Chance, fir Suë vun der CD-PME geléint ze kréien. D'Société luxembourgeoise de capital-développement pour les PME wëllt keen onnéidege Risiko agoen. Mënger Meinung no gin a puncto Risikokapital déi prezis Virstellung vun der Tripartite nët ëmgësat. Dat huet Konsequenzen. Dem Programm, deen ënner dem Titel "Développer l'esprit d'entreprise" opgestallt gin as, feelt bis elo e wesentlecht Fundament. De Program hängk souzesoen an der Loft. Ech sin der Meinung, dass hei nach eng Kéier nogebessert muss gin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Punkt vum Gesetz iwwer d'Ënsetze vum Plan d'action national en faveur de l'emploi, deen de Mëttelstand besonnesch treffe wäerd, as d'Afféiere vum Congé parental. De Congé parental as e Recht, dat denen zwee Elterendeler zousteet. Souwuel d'Mamme wéi och d'Pappe wäerte vun dëser Méiglechkeet profitéieren.

Ech wëll hei betounen, dass d'Chambres patronales hanner deem Accord stin, deen de leschten Abrëll an der Tripartite tëscht de Sozialpartner an der Regierung ausgehandelt gin as. Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Betriber, och wa se zum Beispill bei der Politique active de l'emploi eng ganz Rei vun Hëllef kréien, dach virun allem bei de familjepolitesche Moosssame vun dësem Projet e groussen Deel vun de Laaschte wäerten droen. Si maache bei dësem Volet vum Gesetz ganz sécher ee groussen Effort, an ech mengen, dee sollt hei och gewürdegt gin.

De Congé parental soll nieft séngem familjepoliteschen Impakt och en Impakt op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart hun. Déi Leit, déi vum Congé parental profitéieren, sollen do, wou et nëmme méiglech as, duerch Demandeurs d'emploi vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart remplacéiert gin. Dës Leit gin esou während dene sechs oder elef Méint an den Aarbechtsprozess integréiert an hun et herno méi liicht, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen. E Patron, deen iwwer dee Wee e wierklech gudde Remplaçant fënt, wäerd sech scho Gedanken maachen, wou e kann eng Aarbechtsplaz schafen, fir deen ze halen.

Dat as sécherlech e luewenswäert Zil vum Congé parental. Ech ka mer awer virstellen, dass et verschidde Plazen, notamment qualifizéiert Plazen am Handwierk, gët, wou et kéint méi schwéier gin, fir en Demandeur d'emploi ze fannen, deen déi noutwendeg Qualifikatiounen huet, fir de Bénéficiaire vum Congé parental ze ersetzen. Da muss de Patron noutgedrungenereis op deen normale Lëtzebuerger Aarbechtsmaart zréckgräifen oder op den Aarbechtsmaart vun der Groussregioun. An deem Fall as de Congé parental zwar eng familjepolitesch Moosssame, mä säin Objektiv als Moosssame fir d'Reintegratioun vun Aarbechtslosen an den Aarbechtsmaart konnt nët erfëllt gin.

Fir den aarbechtspoliteschen Impakt vum Congé parental feststellen, schéngt et mer besonnesch wichteg, fir d'Bilanz, déi mer den 31. Juli 2003 zéie wäerten - laut denen eenzelne Motiounen, déi gëscht erakomm sin, scho vläicht éischter -, genau ze analyséieren an doraus déi noutwendeg Konsequenzen ze zéien.

Grondsätzlech sin ech der Meinung, dass an engem Betrib donneur-donnant gefuer muss gin. An dene meeschte Betriber, besonnesch an dene klengen Handwerksbetriber, as dat och normalerweis de Fall. D'Besoinë vum Salarié an d'Besoinë vum Patron kënnen mat e bëssche guddem Willen openeen ofgestëmmt gin.

Une voix.- Très bien!

M. Lucien Clement (CSV).- Hei as et besonnesch wichteg - dat gët an der Regel och esou gehandhaabt -, fir d'Besoinë vun de Salariéën, déi Kanner hun, ze berücksichtigen.

(Interruption)

Jo, et gët och Patronën, déi Kanner hun.

Mir hun dee leschte Mëttwoch bei der Interpellatioun iwwer d'Structures d'accueil fir d'Kanner héieren, dass an dene leschte Jore vill op dësem Plang gemaacht gin as. Et geet awer sécher nach nët duer. Fir dem Congé parental a

méngen Aën eng logesch Suite ze gin, mussen also nach vill weider dëser Structures d'accueil ageriicht gin. D'Kanner musse jo bis zum Antrëtt an d'Schoul nët nëmme während zwielef Méint, wat de Congé parental duerstellt, versuergt gin. Iwwer déi éischt dräi bis véier Jor eraus as och während der Schoulzäit eng Betreierung noutwendeg fir déi Kanner, wou d'Elteren zu zwee schaffe gin. Fir eng konsequent Politik ze maachen, därefer mer also nët beim Congé parental stoë bleiwen, mä mir mussen an där ageschloener Richtung weiderfueren an och fir déi gréisser Kanner déi noutwendeg Strukture schafen.

Wann ech elo grad gesot hun, datt a ville klenge Betriber nom Prinzip donneur-donnant gefuer gët, esou zielt dëst och fir eng gewëss Flexibilisatioun vun der Aarbechtszäit. Rigid gesetzlech Virschrëfte si gewëss nët méi effikass wéi innerbetriblech Arrangementen. Dës Arrangementen mussen natierlech der Aarbechtsgesetzgebung entsprechen. Dofir as et ganz wichteg, datt d'Aarbechtszäitflexibilisatioun, déi duerch d'Gesetz agefouert gët, souwuel de Besoinen an de Rechter vum Salarié wéi och dene vum Patron oder vum Betrib Rechnung dréit. Och hei wäerd de Bilan no véier Jor weisen, wéi d'Situatioun sech an der Praxis entwéckelt huet. Ech sin do awer zouversichtlech, datt mir hei op deem richtege Wee sin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, méng Aussoen - datt d'Betriber ee groussen Deel vun de Laaschte vum Gesetz droë mussen - op dëser Plaz ze relativéieren. D'Gesetz gesäit jo eng ganz Rei vu Moossnamen am Avantage vun de Betriber vir. Beim Aushandele vun de Moossnamen an den Tripartiteverhandlungen as schliesslech och nom Prinzip vum géisäitige Gin a Kréie verfuer gin.

Fir hei keng onnéideg Widderhuelungen ze maachen, well ech déi Moossnamen, déi en faveur vun de Betriber sin, kuerz opzielen, ouni awer op all Moossnam méi déif anzegoen.

Et gi méi large Dispositiounen a puncto Droit d'établissement, Brevet de maîtrise, Zuel vun de Filialen, déi et erlaben, fir méi einfach een egene Betrib ze grënnen oder sai Betrib ze vergréisseren. Dës Erliichterunge fir de Mëtzelstand hu ganz sécher zur Konsequenz, datt eng Rei nei Aarbechtsplazen enstoë wäerten.

Duerch d'Ofännerung vum Gesetz iwwer d'Kannergeld gët d'Cotisation vun den Indépendants an d'Caisse nationale des Prestations familiales vum Stat iwwerholl.

Déi nei Dispositiounen iwwer d'gesetzlech Feierdeg erlaben eng méi flexibel Handhabung a kommen de Betriber ganz sécher zegutt.

Och déi steierlech Moossnamen, déi dra sin, sin am Avantage vun de Betriber. Et kann een hei och nach eng Kéier op déi steierlech Erliichterunge verweisen, déi an dene leschten zwee Jor de Betriber zegutt komm sin.

Dësweideren as beim Abatement vum Impôt commercial de Fräibetrag vun 900.000 op 1,2 Milliounen eropgehuewe gin.

Och de Fräibetrag fir eng Versécherung am Fall vu Krankheet vum Indépendant, wou ee sech selwer muss

versécheren, as vu 40.000 op 60.000 Frang iwwer dëst Gesetz an d'Luucht gesat gin.

Eng méi flexibel a betribsno Aarbechtszäitgestaltung as och méiglech an dene Betriber, wou manner wéi fënnef Leit schaffen.

Den Zougank - dat as nach nët haut hei ugeschwat gin - vum Indépendant zum Congé parental oder Congé pour raisons familiales as ouni gréisser Schwiregkete méiglech. Och dat as e Virgank, deen an der Lëtzebuerger Sozialpolitik nët onbedéngt üblech war.

Aarbechtsmodeller wéi Contrat d'auxiliaire temporaire oder de Stage d'insertion gesinn an engem groussen Mooss Lounerspuernisser fir d'Betriber vir. Ech gin hei dem Här Di Bartolomeo Recht, wou e gëschter gesot huet, datt déi Modeller ëmmer nëmmen als Iwwergangsphas sollen ugesi gin, well et ka kee Betrib, deen zwee, dräi esou Leit engagéiert, dene garantéieren, datt se herno an deem Betrib kënnen agestellt gin, an dofir as et wichteg, datt déi Leit, déi keng Formatioun hun, éischter nogeluegt kréien, se sollten op de Wee mat Formatioun goen, well et as sécherlech besser, datt se eng kleng Formatioun hun, wat hir Chancë vergréissert, fir engagéiert ze gin.

Wa mer iwwer d'Gesetz 4459 diskutéieren, sin ech der Meinung, datt een den nationalen Aktiounsplang, esou wéi en an der Tripartite festgehal gouf, nët däreif lénks leie loossen. Schliesslech sin an dësem Plang nach weider interessant Piste fir den Aarbechtsmaart opgezeechent gin. Dofir mengen ech, datt et gutt wär, wa mir an denen nächste Jore bei der Sich no Léisunge fir d'Problemer vum Aarbechtsmaart nieft dem Gesetz och den Aktiounsplang stänneg virun Aën hätten.

Ech denken hei besonnesch un all déi administrativ Erliichterungen, déi den Aktiounsplang virgesäit, déi sécher derzou bäidroë kënnen, de Sprong an d'Selbstännegkeet méi liicht ze maachen. Duerch all dës Moossnamen an duerch en Nobessere vum Modell Capital à risque kënnen eng ganz Rei vu klenge Betriber geschafe gin, déi hiren Impakt op den Aarbechtsmaart sécher hätten.

Wéi ech schon am Ufank vu ménger Ried gesot hun, sin et nët d'gesetzlech Moossnamen eleng, déi Aarbechtsplaze schafen. D'Aarbechtsplaze gin an de Betriber a vun de Patronen geschafen. Dobäi si gesetzlech Moossnamen nëmmen e gewëssenen Ureiz. Dat as eng Tatsaach, déi mir bei eise weideren Diskussiounen virun Aën hale mussen.

Erlaabt mer kuerz, eng Klammer opzemaachen: an den Tripartiteverhandlungen goufen an där Richtung Versprache vun de Patronatsvertreieder, notament vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, gemaacht, déi offréiert hun, 350 komplementar Léierplazen zur Verfügung ze stellen. Laut dem Bilan vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce sin 1998 1.494 Léierkontrakter ofgeschloss gin. Dat sin 18% méi wéi 1997. Fir d'Handwierk eleng waren dat 720 Kontrakter. Dat as e Plus vu 25%.

Et muss awer och derbäi gesot gin, datt méi Plazen ugebuede gin, wéi der besat gin. An do kommen ech erëm

op dat zréck, wat ech virdu gesot hun, wou d'Schoul hire Rôle muss spillen.

1998 konnten 365 Plazen nët besat gi vis-à-vis vun 216 am Jor 1997. Dat geet drop zréck, well der méi ugebuede gi sin. Dovun eleng sin 220 Plazen am Handwierk nët besat gin. D'Patroné si bereet, méi Leit an d'Léier eranzehuelen. Et feelt jhust un de Jugendlechen, déi eng Léier wëlle maachen.

Als Résumé wëll ech behaupten, datt d'Gesetz, dat mer hei diskutéieren, déi néideg Rumm duerstellt, fir nei Aarbechtsplazen an de Betriber ze schafen an de Betriber och eng gewëss Flexibilitéit ze garantéieren. Ech hoffen, datt vill vun dëser Rumm profitéiert gët an esou d'Gesetz säin Objektiv erfëlle kann.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ausseminister Jacques F. Poos fir den Dépôt vu véier Projets de loi.

2. Dépôt de quatre projets de loi

M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.- M. le Président, je suis autorisé à effectuer le dépôt de quatre projets de loi:

- le projet de loi 4527 portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Kiev, le 6 septembre 1997

- le projet de loi 4528 portant approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 22 septembre 1998, complétant la Convention Benelux concernant la coopération transfrontalière entre collectivités ou autorités territoriales, signé à Bruxelles, le 12 septembre 1986

- le projet de loi 4529 portant approbation du Troisième Protocole annexé à l'Accord général sur le commerce des services concernant le mouvement des personnes physiques

- le projet de loi 4530 portant approbation du Cinquième Protocole annexé à l'Accord général sur le commerce des services.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun de Projets de loi, déi un den zoustänneg Kommissiounen weidergeleet gin.

Mir kommen zréck op de Projet de loi 4459. D'Wuert huet den Här Marc Zanussi.

3. Projet de loi 4459 concernant la mise en oeuvre du plan national en faveur de l'emploi 1998 (Suite)

Discussion générale (suite)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëllt aganks vu ménger Interventioun denen zwee Rapportere ganz häerzlech merci soë fir hire schrëftleche Rapport an dem Lucien Lux fir säi

mëndleche Rapport, a wëll mech och dene Merciën uschlëssen, déi un de Sekretär vun der Spezialkommissioun, den Här Bisenius, gaange si fir déi formidable Aarbecht, déi e während dene ganze Sëtzunge geleescht huet.

Ech wëll mech a ménger Interventioun ausschliesselech mam Kapitel V, de schoulpolitesche Moossname vun dësem Projet, beschäftegen, Moossnamen, déi an engem Beschäftigungsplang wéi deem heiten nët dierfe felen, well ouni e Kapitel iwwer d'Schoul wär dëse Projet sécherlech nët komplett.

Mir sin zu Lëtzebuerg konfrontéiert mat engem Schoulssystem a mat enger Berufsausbildung, déi wäit dervun ewech sin, perfekt ze sin. Iwwer d'Zuel vun dene Kanner, déi d'Schoul an d'Berufsausbildung ouni Ofschloss verloossen, wëll ech nët polemiséieren, dofir as d'Situatioun ze eescht, mä ech géing awer mengen, dass mer hei am Haus e Konsens dierfen op der Feststellung hun, dass de Prozentsaz, egal wéi, nach ze héich as. An dene leschte Joren as eng ganz Rei vu wichtege Schoulgesezter gestëmmt gin, mä d'Erferenz huet eis awer geléiert, dass d'Stëmme vu Gesetzter eleng nët duergeet, mä dass all méiglech Viraussetzunge musse geschafe gin, fir déi Gesetzter dann och an d'Praxis kënnen ëmzesetzen.

Mat dësem nationale Beschäftigungsplang gin ëmmerhin 13 entscheidend Artikelen an dräi verschiddene Gesetzter geännert. Esou gët eng méi prinzipiell Emännierung virgeholl, déi vill diskutéiert gin as, Emännierung, déi eng Konklusioun as vun deem Débat, dee mer an der Chamber haten. Mat dësem Projet gi verschidden Ziler verfollegt:

1. D'Zuel vun dene jonke Leit ze reduzéieren, déi aus der Schoul crauskommen an nët deen néidege Bagage hu fir de Rescht vun hirem Liewen.

2. Déi Jugendlech op en Aarbechtsmaart virzebereden, dee méi wéi viru Joren an engem permanente Wandel as, wou déi gréissten Erausforderung dora besteet, dass déi jonk Leit, déi elo op den Aarbechtsmaart kommen, sech musse mat enger Konkurrenzsituatioun ausemanersetzen, wou jonk Leit aus dem noë Grenzgebitt op de Lëtzebuurger Aarbechtsmaart stoussen, jonk Leit, déi aus engem anere Schoulssystem kommen, an och Leit, déi aner Virstellunge vun der zukünfteger Organisatioun vun hirem Liewen hun. Dat ze négligéieren, wär en Trugschluss, dee fatal Konsequenze kéint hun. Déi Feelschätzung dierfe mer nët maachen.

3. En héijen Niveau bäizebehalen an där Formatioun, déi mir dene jonke Leit bidden.

4. Eng Orientatioun ze maachen, wou d'Kapassitéit vun de jonke Leit global a richteg ageschätzt gin, soudass se virun onvermeidlechen Echec beschtméiglech geschützt sin.

Fir dës Ziler ze erreechen, hu mer am Gesetzprojet 4459, dee mer haut diskutéieren, folgend Ännerunge virgesinn.

Eng méi prinzipiell Ännerung besteet doran, dass mer dem Enseignement secondaire technique eng liicht aner Orientatioun wëlle gin. Dës Orientatioun muss ganz klor an d'Richtung goen, dass déi éischt Missioun vum Enseignement